

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Santer, félicitéiere fir säi gudde Rapport. Ech mengen, hien huet sech missen hei mat enger Matière erëmklappen, déi net einfach ass, mä déi awer eng ganz grouss Wichtegkeet fir ons Finanzplaz huet.

De Projet de loi, dee mer stëmme sollen, setzt zwou Direktiven zugläich ëm. Eng Direktiv ass schonn elo a verschiddene Länner ugeholl. Do si mer also frou, dass mer ons an déi Reie kënne mat areie vun deene Länner, déi dat zimlech rapid gestëmmt hunn. Bei der zweeter Direktiv, déi iwwert d'Erweiterung vun de Placementsméiglechkeete vun Investmentfongen, ass Lëtzebuerg dat éischt Land, wat déi Direktiv ëmsetzt. Ech mengen, dat ass e gutt Zeechen, wat mer domadder ginn.

D'Plaz Lëtzebuerg gëtt mat deem Vote a mat deem neie Gesetz, wat mer elo stëmme, no baussen hin en Zeechen, dass d'Finanzplaz déi éischt Plaz ass, déi wëllt op deen neie Wee goen, vun deenen neie Méiglechkeete vun der Direktiv profitéieren an och kucken, dass se hir Plaz domadder international ka behaapten an och ausbauen. Dee Message no baussen ass ganz wichteg, wa mer dës Direktiv hei als Éischt ëmsetzen.

Dat Zweet, wat wichteg ass, wann een eng Direktiv als Éischt ëmsetzt, dat ass dass ons Akteure vun der Finanzplaz, haaptsächlech d'Banken, sech deen Ablack och scho kënne preparéieren an nei SICAVen oder Fonds communs de placement virgesi mat enger neier Investitiounspolitik, déi se direkt kënne ëmsetzen an ënnert d'Leit bréngen. Ech hoffen, dass et zu deem Succès kënnt, dee mer eis allegueren erwaarden duerch déi nei Zeechen, déi mer haut ginn.

Deen drëtte Punkt, deen ee muss ervirsträichen, wann ee séier handelt, dat ass, dass mer déi éischt Fonge wäerten hunn, déi op Basis vun deem neie Gesetz deen europäesche Pass kréie mat neien Avantagen an der Investitiounspolitik. Et muss ee begrëssen, notamment, dass net nëmme kann investéiert ginn an Aktien an an Obligatiounen, mä dass an Zukunft een Deel vun de Fonge kann investéiert ginn an Dépôts financiers. Ech mengen, dat ass e positivt Element. Dat gesot, Här Minister, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir géifen dem Här

Santer ganz staark félicitéiere fir déi excellent Aarbecht, déi hien esouwuel a sengem schrëftlechen, wéi och a sengem mëndlechen Rapport gemaach huet. Dat erlaabt et eis ganz einfach eisen Accord ze ginn, an net weider dozou ze schwätzen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech géif mech och am Numm vun der Regierung deem Merci an där Unerkennung un de Rapporteur Patrick Santer uschlëssen. Dëse Projet ass de Beweis, dass d'Regierung wëllt eng zolitt, diversifiéiert a konkurrenzfähg Finanzplaz hunn. Duerfir sinn ech frou, dass dëse Projet hei eng breet Majoritéit, voire eng Unanimité an der Chamber wäert fannen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5033 a stëmme driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Lucien Weiler)

D'Artikelen 1 bis 138 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi 5033 ass eestëm-meg ugeholl mat 53 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Patrick Santer), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz et Lucien Weiler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Théo Stendebach), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Alexandre Krieps), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Niki Bettendorf), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M.

Mars Di Bartolomeo (par M. Jean Asselborn), Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Ech wollt nach drop opmierksam maachen, dass de Projet de loi 4933 iwwert d'Organisation vun der Arméi mar de Mët-teg als éischte Projet de loi um Ordre du jour ass, an net, wéi virgesi war, mar de Moien als éischten.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.47 heures)

Ordre du jour

- Communications
- Ordre du jour
- 5052 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2001

(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

- 4897 - Projet de loi modifiant
 - 1^o la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale
 - 2^o le code des assurances sociales
 - 3^o la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

- 4768 - Projet de loi portant approbation du Protocole, établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, concernant l'interprétation, à titre préjudiciel, par la Cour de Justice des Communautés européennes de la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 29 novembre 1996

4794 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signée à Bruxelles, le 26 juillet 1995;
- de l'Accord relatif à l'application provisoire entre certains Etats membres de l'Union européenne de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 26 juillet 1995

4903 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relatif au champ d'application du blanchiment de revenus dans la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes et à l'inclusion du

numéro d'immatriculation du moyen de transport dans la Convention, signé à Bruxelles, le 12 mars 1999

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.05 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Regierung schéngt keng Kommunikatioun ze maachen ze hunn.

1. Communications

Ech maachen lech folgend Kommunikatiounen:

En date du 17 décembre 2002 le Groupe d'Action Végétarien pour l'Egalité Animale (GAVEA) a déposé, ensemble avec le groupe de travail „Privat Déiereschützer“, la pétition N°246 pour l'interdiction de l'abattage des animaux sans étourdissement ou anesthésie, y compris pour motifs religieux, l'interdiction d'importation et de vente de la viande issue d'un tel abattage et l'inscription de la protection des animaux dans la Constitution luxembourgeoise.

Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 18 décembre 2002, le

-Projet de loi N°5072 portant 1. modification de l'article 46 et de l'article 56-2 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire, et 2. introduction des articles 37-2 et 78-2 dans la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif.

Monsieur Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, a déposé le

-Projet de loi N°5073 modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers.

2. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut ubelaangt, wëll ech lech drun erënneren, datt de Projet de loi 4933 iwwert d'Arméi aus organisatoresche Grënn am Nomëtteg um halwer dräi drükent.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5052 iwwert d'Pensiounen an d'Unfallrenten.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Glesener, Di Bartolomeo, Krieps, Gibéryen, Bausch, Urbany a Lux. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

3. 5052 – Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie de 2001

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Niki Bettendorf (DP), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Rapporteur hunn ech d'Eier lech dëse Projet de loi virstellen, de Projet portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie 2001. Ech hunn Zäit genuch fir dee virzedroen, esouguer wann

ech kuerz drop aginn, wéi a firwat mer verschidde Punkte schlussendlech aus dem Gesetzesprojet erausgeholl hunn, Punkten, déi u sech näischt mam Intitulé vum Gesetz ze dinn haten, och wann eenzel Punkte gutt drabliwwen wieren.

Ech wëll bemierken, datt bei Regierunge virun esou Punkten oft am Budgetgesetz ënnerbruecht gi sinn. Dat war net gutt. Zemools war et net gutt fir d'Opposition. Obschonn es mat verschiddenen Ofännerungen averstane war, huet ee schlussendlech dergéint gestëmmt, well traditionsgeméis an aus Iwwerzeegung d'Opposition de Budget net stëmmt. An dësem Projet hu mer an der Kommissioun de Fait staark diskutéiert, dass insgesamt néng Punkte sollte gesetzlech verankert ginn, dovun aacht punktuell Adaptatiounen vum Code des Assurances sociales, déi net direkt eppes mam Intitulé ze dinn haten. Eng Opposition huet direkt gefrot dës Punkten aus dem Projet erauszehuelen, d'Majoritéit war der Meinung - an als President hunn ech dës Meinung gestäipt -, mer sollten de gesamte Projet diskutéieren, dann op den Avis vom Conseil d'Etat waarden, fir dann déi definitiv Décisioun ze huelen.

Erlaabt mer kuerz den initialen Inhalt virstellen. Fir d'éischt geet et jo ëm den Ajustement vun de Pensiounen. Dem Gesetz no examinéiert d'Regierung all zwee Joer ob et muss, soll oder net soll zu enger Revisioun vum Facteur d'ajustement vun de Pensiounen kommen. D'Regierung mécht der Chamber e Rapport a wann noutwenneg déposéiert se dann ee Projet de loi fir d'Pensiounen ze ajustéieren. De leschten Ajustement hate mer den 22. Dezember 2000, mat deem d'Pensiounen op den 1.1.2001 un de Liewensniveau vun 1999 ugepasst gi sinn. Elo ass also de Moment komm, fir datselwecht ze maachen, an zwar d'Upassung vun de Pensiounen an den Unfallrenten un de Liewensniveau vun 2001, an zwar vum 1. Januar 2003 un.

Opground vum Regierungsrapport

sinn d'Gehälter tëschent 1999 an 2001 3,5% gestiegen; dat bedingt eng Augmentatioun vun de Pensionen och vun 3,5%, an dat iwwert de Wee vum Facteur d'ajustement. De Käschtepunkt beleeft sech fir d'Joer 2003 op 61 Milliounen Euro. Dës Verbesserung ka vun der Assurance pension gedroe ginn; no de leschte Previsiounen ass fir 2003 e positive Solde tëschent Recetten an Dépense vu 516 Milliounen Euro ze erwaarden. De Käschtepunkt fir den Ajustement vun den Unfallrenten beleeft sech op 4,6 Milliounen Euro an den Ajustement ass och fir d'Fonctionnaires. Am Exposé des motifs vum Gesetz steet, datt den Ajustement vun de Pensionen fir d'Personal vum Stat sech fir 2003 op 9,5 Milliounen Euro beleeft.

Här President, mir wollten och nach am Rapport drun erënneren, datt et zënter 1994 en Indicateur unique gëtt amplaz vun den zwee Indicateuren, déi bis 1992 gebraucht gi sinn, fir d'Pensionen an d'Unfallrenten esouwuel wéi de Salaire social minimum unzepassen. Am allgemenge Konsens gouf deemools dës nei Methodologie en place gesat an huet laangen Diskussiounen en Enn gemaach.

Gëschter beim Projet iwwert de Salaire social minimum hu mer öfters iwwert déi nei Method geschwat, déi säit Ugangs den 90er Jore gebraucht gëtt, fir d'Ajustement vum Salaire social minimum, awer och vun de Pensionen, ze rechnen. Wat gouf dann deemools geännert? Ech wëll nach eng Kéier kuerz an dräi Wierder dorop agoen.

Fir d'éischt goufen d'Léin vun de Fonctionnaire mat an d'Berechnung erageholl an da goufen zweetens d'Gratificatiounen och derbäi gezielt, an derbäi kouw dann och nach, dass d'Gehälter bis siwemol de Mindestloun gezielt goufen. Virdru koume fir d'Berechnung nëmmen d'Gehälter bis zum Plafond cotisable a Betracht, deen deemools fënnemol de Mindestloun war an haut och nach ass. Dir gesitt, alles Fakten, déi sech positiv op d'Ajustement vun de Pensionen auswirken.

Här President, wat déi zousätzlech Dispositiounen ubelaangt, déi hei am Gesetz stoungen, do gëtt et ee Problem mat der Attributioun vun der Indemnité pécuniaire de maternité. D'Fra, déi enceinte ass an déi d'Stagekonditiounen erfëllt, muss och an de Benefiss vun der Indemnité kommen, och wa se net méi affiliéiert ass beim Ufank vum Congé de maternité. Dat hei muss gesetzlech ugepasst ginn.

En zweete Punkt ass de Fonctionnement vun der Assemblée générale vun der Union des Caisses de Maladie. Hei muss och légiféiert gi fir den Equilibre vun der Stëmmenzuel ze halen, ganz gläich ob d'Memberen all present sinn oder net.

En anere Punkt, wat de Financement vun der Assurance accident ubelaangt: Et mussen och nach zwee Artikelen am CAS geännert ginn. Wat d'Mise en compte vun de Babyjoren ubelaangt muss garantéiert ginn, datt d'Babyjore Recht ginn op d'Majoratioun vun de Pensionen, mindestens gläich mam Forfait d'éducation. Wat d'Prise en charge vun den administrative Käschte vun de Betriebskrankenkassen ubelaangt, déi solle mat deenen anere Keese gläichgestallt ginn.

Da war eng Mesure conservatoire virgesinn, fir eng Explosioun vun de Käschten - d'Prestations en espèces - vun der Assurance dépendance ze verhënneren. Fir de Prinzip vun der Gläicheit ze garantéiere sollt bei enger accessoirer Aktivitéit, gekoppelt un d'Haaptaktivitéit, d'Kotisatioun net méi brauche bezuelt ze gi fir d'accessoire Aktivitéit bis zum Maximum cotisable compte tenu vum

Revenu bei der Haaptaktivitéit. Ech hoffen, dass ech elo an deem Saz kloer genuch war.

Da stoung am Projet d'Indexupassung vun den Honorairé bei den Dokteren, Zänndokteren a verschiddenen anere Prestataires de soins. Ech sträife kuerz d'Avisé vun de Berufschamberen. Bei der Redaktioun vum Rapport hate mer just den Avis vun der Privatbeamtechamber, si huet sech géint d'Aart a Weis ausgeschwätzt, wéi sollt légiféiert ginn. Den Ajustement vun de Pensionen an den Unfallrenten huet si awer positiv aviséiert. Datselwecht gëllt fir d'Recht op d'Indemnité pécuniaire de maternité, de Fonctionnement vun der Assemblée générale vun der UCM, d'Modificatioun vum Financement vun der Assurance accident agricole, d'Adaptatioun am Kader vun de Babyjoren an d'Prise en charge vun den administrative Käschte vun de Betriebskrankenkassen.

D'Privatbeamtechamber war kritesch vis-à-vis vun der Indexupassung vun den Tariffer fir Dokteren, Zänndokteren an aner Prestataires de soins. Datselwecht gëllt fir déi geplangte Mesure compensatoire bei der Assurance dépendance.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet elo och hiren Avis ginn. E steet net am Rapport, ech wëll en awer kuerz zitieren. Si approuvéiert den Ajustement. Si mécht der Regierung an ons e béise Fanger, wëll mer säit 1994 et net fäerdeg bréngen, an eisen Texter vu „salaires et traitements cotisables“ ze schwätzen. An eisen Texter steet nach ëmmer nëmme „salaire cotisable“.

Mir versprechen, dat déi aner Kéier ze maachen.

(Interruption)

Ech mengen, heimat kënne mer eis net verdinn.

Ech ginn net op aner Remarken an, well déi jo elo net méi am Gesetz drastinn. Och e gemeinsamen Avis vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce hu mer gëschter kritt. Si weisen op hir Avisen hin am Kader vun der Rentereform a si géint den Ajustement vun de Pensionen. Si soen: „Afin de ne pas hypothéquer davantage la situation financière de l'assurance pension, toute nouvelle hausse des prestations est à refuser“. Déi zwou Chamberen opposéiere sech also dem Ajustement.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Avis vum Conseil d'Etat. Och de Conseil d'Etat bemängelt, dass de Projet sech net op den Ajustement beschränkt huet. Déi fundamental Kritik ass, dass keng Zäit bleift fir d'Berufschamberen, a rasonnablen Délais hir Avisen ofzeginn, well d'Gesetz muss den 1.1.2003 a Kraaft treden. De Conseil d'Etat wëllt, dass aus dem Artikel 1 d'Punkte 5 bis 8 aus dem Projet erauskommen, soss misst hien, de Conseil d'Etat, sech formell opposéieren. Dat ass erëm eng Kéier d'Indexéierung vun den Tariffer vun den Dokteren, Zänndokteren an anere Prestataires de soins. D'Aart a Weis virzegoen, seet de Conseil d'Etat, géif net a Richtung vun enger méi grousser Responsabilitéit an der Tarifaautonomie goen.

Aus all deem, wat ech elo virgedroen hunn, huet d'Kommissioun Santé a Sécurité sociale folgend Konklusiounen gezunn: Vu den Avis vum Conseil d'Etat, no räiflicher Iwwerleung a mam Aveständnis vum Minister vun der Sécurité sociale, hu mer eestëmme beschloss, eis op eng eenzeg Mesure ze beschränken, an zwar op den Ajustement vun de Pensionen an den Unfallrenten.

D'Dispositiounen vun der Indexatioun vun den Tariffer fir Doktere sollen an engem globale Projet de loi presentéiert ginn. D'Kommissioun weist op e largé politische

Konsens hin an der Fro vun der Indexupassung vun den Tariffer, eng Fro, déi bei adequate Verhandlung mat den Doktere schonns als positive Punkt kann ugesi ginn.

Wat d'Assurance dépendance ubelaangt, soll d'Mesure compensatoire am Kader vun engem iwwerschaafte Gesetzestext fir d'Assurance dépendance behandelt ginn. Domadder sinn ech duerch de Projet. D'Kommissioun war eestëmme der Meinung, d'Pensionen an d'Unfallrenten op den 1.1.2003 ëm 3,5% ze erhéien.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, mat deem klengen geschëllte Cadeau un d'Pensionnairen an d'Unfallrentner, an no der Rentereform am Summer,...

(Interruption)

Ech hat et d'éineschter gesot, dann hat Dir net opgepasst.

...kënne mer berouegt eis Aarbechte fir 2002 ofschléissen. Ech soen all deene merci, déi am Laf vum Joer gutt mat ons zesumme geschafft hunn a wënsche schéi Feierdeeg, lech, Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen. Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marcel Glesener agedroen.

Discussion générale

M. Marcel Glesener (CSV).- Här President, Kollegeinnen a Kollegen, am Numm vun der CSV-Fraktioun félicitéieren ech dem Berichterstatter, eise Kolleg Niki Bettendorf, fir säi präzise schréfflechen an detaillierte mëndleche Bericht, deen exakt d'Diskussiounen an d'Entscheidungen aus der zoustänneger Kommissioun erëmgëtt.

De Kolleg Bettendorf huet dee virleiende Projet am Detail virgestallt. De Rentenajustement baséiert op der Lounentwécklung vun de Joren 2000 an 2001. De Rapporteur huet déi noutwenneg Erklärung zur ugewannter Methodologie ginn an huet Stellung bezunn zum Rapport vun der IGSS, deen d'Basis vun deem Projet duerstellt.

Ech wëll dem Berichterstatter seng Ausféierungen net widerhuelen a mech op e puer méi prinzipiell Aussoe beschränken, ouni awer d'Rumm vun deem Projet ze verlossen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Här President, erlaabt mer virop eng Bemierkung. Gëschter, beim Ajustement vum Mindestloun, hu mer dauernd festgestallt, dass mer net bei eise Berodungen am Besëtz ware vun den Avisé vun de Berufschamberen, a mer den Aarbechtsminister gebieden hunn, dofir Suerg ze droen, dass d'IGSS méi fréi hire Rapport ofschléisst an der Regierung presentéiert, fir dass si och méi fréi kann de Projet op den Instanze ween ginn. Datselwecht wëll ech nach eng Kéier un d'Adress vum Gesundheitsminister richten. Ech sinn iwwerzeegt, wann zwee Ministeren darselwechter Meinung sinn a gläichzäitig intervenéieren, da brénge mer et bestëmmt fäerdeg an zwee Joer méi fréi de Projet de loi kënnen ze diskutéieren, wann d'Berufschamberen an d'Méiglechkeet gesat ginn, fir kënnen hir Avisé rechtzäitig ofzeginn.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier kuerz festhalen, dass de leschten Ajustement, den 1. Januar 2001 erfall ass. Deen Ajustement ass gerechent ginn op Grond vun der Lounentwécklung aus de Joren 1998 an 1999. Ech hunn dat rappeliert, well dat och Jore waren, wou d'Gewerkschaften hir Engagementer, déi se an

der Tripartite agaange waren, fir duerch Lounmoderatione Massenaarbeitslosigkeet hei zu Lëtzebuerg ze verhënneren, respektéiert hunn. Si hunn déi Versprieche, déi se do agaange sinn, agehalen. Den Ajustement war deemools 3,1% an huet dat erëmginn, wéi d'Léin an deene Joren an d'Luucht gaange sinn.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, wann also haut en Ajustement vun 3,5% méiglech ass, ouni datt eng Beitragserhéijung eng Folleg dovun ass, trotz engem Käschtepunkt vu ronn 95 Milliounen Euro, ouni dass d'Reserve vun de Pensionen onnéideg belaauscht ginn, dann ass dat och zum Deel d'Resultat vun der Finanzreform vun 1984. Deemols ass d'Risikogemeinschaft agefouert ginn. Deemools ass definitiv d'Émlageverfahren zu Gonschte vum Kapitaldeckungsverfahren festgehalen ginn. Deemools sinn déi ominéis Scholdzertifikater getilgt ginn an als Contrepartie ass dem Stat seng Bedelegung un der Rentefinanzéierung an Etappen op 85% gehuewe ginn. No der Reform war et méiglech, am Laf vun de Jore wesentlech Rentenverbesserungen ze verwierklechen.

Dëst Joer ass ee weidere grouss Schrëtt zu méi Rentegerechtigkeit hi gemaach ginn. D'Pensionen sinn am Summer daitlech gehéicht ginn. Déi lescht Wochen hunn eis Rentner hir Joresennprime kritt. An elo, zum 1. Januar 2003, kënne mir eng zousätzlech Erhéijung vun 3,5% vu sämtlechen Renten a Pensionen beschléissen.

Ech mengen, et ass dat d'Resultat vun enger gudder Sozialpolitik, déi mat Sécherheet einmoleg do steet a wou vill Länner an der EU sech un eis kënnen ee Beispill huelen. Déi Verbesserungen, Kollegeinnen a Kollegen, déi am Laf vun de leschte Joren an och elo, duerch den Ajustement realiséiert ginn, déi sinn duerchaus ze verkräften. An et ass net esou, dass no deem Ajustement d'Finanzéierungssituatioun vun eise Pensionen méi schwierig géif ginn, an dass d'Pensionen manner sécher wieren. Au contraire!

D'Reservé vun de Pensionenkeese waren 2001 - dat muss ee sech emol virstellen - 4,76 Milliarden Euro. An d'Reserven, déi gi nach daitlech erop. Fir dëst Joer si se op 5,19 Milliarden Euro geschätzt. Dat sinn an ale Frangen 209 Milliarden. Et ass och dat d'Resultat vun enger gudder Finanzéierungspolitik, déi mir 1984 hei ageleet hunn.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, alles dat ass och d'Resultat vun enger erfollegräicher Sozialpolitik. An et besteet, dat wëll ech ganz kloer och am Numm vun der CSV soen, absolut kee Grond, d'Grondprinzipie vun eise Pensionenversicherungssystem ze änneren. Mir hale fest um Émlageverfahren a mir hale fest um Generationenvertrag.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, erlaabt mer nach eng kuerz Bemierkung an ech wëll domat un d'Uféierung vum Niki Bettendorf uschléissen. Mat deem Projet wollt de Gesundheitsminister aacht punktuell gesetzlech Ofännerungen, mat deene mer d'accord sinn, déi awer näischt mat dem Rentenajustement ze dinn hunn, beschléisse loosse. Mir waren - ech wëll soen d'CSV - géint esou eng legislativ Prozedur, an dat aus engem ganz bestëmmte Grond. De Rapporteur huet dat gesot. Mir hunn dat och an der Kommissioun analyséiert. An deem Fall ass et wierklech ubruecht spezifesch Gesetzprojeten ze maachen, déi dann hiren normale legislative Wee ginn, a wou een dann och Zäit huet déi Ofännerungen op hir Auswirkungen hi genau ze analyséieren. Deemzufolleg ware mer der Meinung eis haut nëmme mat dem Ajustement ze befaassen an

eis op den Ajustement vun 3,5% ze beschränken.

Kollegeinnen a Kollegen, dat gesot, wëll ech ofschléissend festhalen, datt deen Ajustement vun de Renten a Pensionen berechtegt ass. Dausende vun eise Matbierger kréien duerch deen Ajustement eng wuelverdängte Verbesserung vun hirem Akommes, an dofir kann ech och am Numm vun der CSV eis Zoustëmmung zu deemem Projet ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Glesener. Den nächsten Orateur ass den Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här President hanneru mer, merci soe fir säi Rapport, deen objektiv d'Diskussiounen an der Kommissioun erëmgëtt. Ech wëll allerdéngs liicht dat nuancéiere wat mäi Virriedner, de Marcel Glesener gesot huet zu dem Opdeele vum Projet oder zum Erausléise vun deenen aacht Moossnamen, déi eigentlech näischt mam Ajustement ze dinn hunn an deem Sënn, dass et net esou ass, dass d'CSV vun Ufank un der Meinung war fir de Projet an zwee ze deelen a sech just op den Ajustement ze beschränken, mä dass d'CSV eréischt där Meinung war wéi de Gesundheitsminister oder de Sécurité-sociale-Minister nom Avis vum Conseil d'Etat keen anere Choix méi hat an de Gesundheitsminister, respektiv de Sécurité-sociale-Minister dat selwer proposéiert huet. Dass den Här Glesener vläicht selwer där doter Meinung war, dat ass eng aner Saach, mä ech ka mech net erënneren, dass eng kloer Positioun an der Kommissioun an deem Sënn vun der CSV formuléiert gi wär. Au contraire, d'Majoritéit vun der Kommissioun huet sech fir den urspréngleche Projet ausgedréckt gehat an ech soen dat ënnert der Kontroll vum President.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, den Här Glesener wëllt gare reagieren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Selbstverständlech.

M. Marcel Glesener (CSV).- Merci, Här President. Här Di Bartolomeo, déi nuancéiert Duerstellung zu mengen Ausféierungen wëll ech dann och nach eng Kéier frësch nuancéieren. Et ass net grad esou wéi Dir dat sot, Här Di Bartolomeo. Wann Der d'Rapporten noliest vun eise Sëtzungen vun der Kommissioun, da stellt Der fest, dass ech am Numm vum menger Fraktioun gesot hunn, dass mer Bedenken hu géint esou eng legislativ Prozedur, an dass mer et léiwer gesinn, wa mer dat do géifen trenne vum Projet. Dat steet am Rapport dran.

De President huet awer a senger Weisheet du gesot: Okay, loosst mer emol ofwaarde wat de Statsrot seet, mä kommt, mir diskutéieren emol an ënnersichen de ganze Projet, wéi en elo virläit. An dunn hu mer zougestëmmt a mir hu gesot: Okay, da maache mer elo mol d'Analys vun dem gesamte Projet an da gesi mir weider. An dat hu mer gemaach, an an där Sëtzung duerno hu mer eestëmme decidéiert, fir de Projet ze splitten.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Merci, Här Glesener, fir déi Prezisioun. Ech wëll just domat bestätegt wëssen, dass d'CSV oft dat eent denkt an dat anert mécht,...

(Interruptions diverses)

...- Här President, wann Der wëllt, dass ech den Nol nach méi déif aschloen -, an dass se ganz oft dat Richteg denkt an dat Falscht mécht.

(Interruptions diverses)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Upassung vun de Pensionen a Renten un d'Lounentwécklung tëschent 2000 an 2001 oder d'Erhéijung vun de Rente vum Secteur privé a public ëm 3,5% ab 1. Januar fënnt eis Ennerstëtzung. Et ass fir d'zweete Kéier wou mam Rentenajustement net nëmmen d'Renten an d'Pensionen aus dem private Secteur ugepasst ginn, mä och d'Pensionen vun de Fonctionnaire gläichzäiteg ugepasst ginn. D'Zil vum Ajustement ass, d'Kafkraaft vun de Pensionéierten a Rentenempfänger un d'Kafkraaft vun de Lounempfänger unzepassen.

De Käschtepunkt vun dësem Projet läit bei 75,1 Milliounen Euro, wann een de Privatsektor, d'Rentes accident an d'Fonctionnaires zesumme rechent, an ech mengen, dat soll een och op déi koordinéiert Aart a Weis maachen.

De Rentenajustement ass kee Geschenk. Et ass och keen Automatismus, mä et ass eng politesch Décisioun noutwendeg vu Regierung a Parlament, fir d'Renten un d'Lounentwécklung unzepassen. Ech hu gesot, dass et kee Cadeau ass an dofir weisen ech och déi Positioun vun der Chambre de Commerce et des Métiers zréck, déi sech dem Rentenajustement opposéieren, grad wéi hir Positioun sech ähnelt bei deem Projet, iwwert dee mer gëschter diskutéiert hunn, bei der Adaptatioun vum Mindestloun.

De Rentenajustement ass e sozialen Acquis zënter 1985, an duerch déi successiv Ajustementer zënter 1985 sinn d'Renten an d'Pensionen eppes iwwer 30% an d'Luucht gaangen. Duerch den Index sinn déiselwecht Renten a Pensionen an darselwechter Zäit ëm 35% an d'Luucht gaangen, a wann een dann déi strukturell Moossname vun 1987, 1991 an 2002 derbäi rechent, da kënnt een op eng Steigerung vun de Renten a Pensionen vu bal 100% a 17 Joer. Dat soll een och emol eng Kéier esou koordinéiert kucken. Et gëtt wahrscheinlech keen anert Land op der Welt wou d'Pensionen an nëmme 17 Joer esou dynamesch an d'Luucht gaange sinn. Ech soen dat ouni Wäertuerteel.

(Interruption)

Ech fäerte ganz, dass Dir mat deenen dote Moossname räichlech wéineg ze dinnt hat, mä dass dat eng Evolutioun an eiser Sozialpolitik war, déi och ouni 7/6...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Et war einfach rengen Zoufall!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Voilà.

(Interruption)

Den Här Jaerling dierf näischt méi soen.

(Interruptions)

Ech mengen, dass dat bei lech och scho laang net méi de Fall ass.

M. Aly Jaerling (ADR).- Da wëll ech lech awer elo soen, wann Der sot, „dat ass bei lech och scho laang net méi de Fall“, dass Der domadder zougitt, dass et bei lech de Fall ass.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Neen, ech mengen domadder d'CSV.

(Hilarité)

M. le Président.- Och wann ech fir eng lieweg Chamber sinn, hu mir nach ee laange Programm haut, an haut den Owend gitt Der gären alleguer mat Zäiten heem. Ech géif lech also bieden, vun de Moien en disziplinéiert ze sinn, fir dass mer gudd duerch eise Programm kommen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Merci, Här President, fir Är Ennerstëtzung, mä Dir verstitt,

dass ech et genéissen, wann ech emol erëm eng Kéier Mikroen hunn, déi op sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot zum Rentenajustement, dee jo nach dee Punkt ass, deen iwwreg bliwwen ass an eiseim Projet de loi, deen eis de Moien interesséiert, bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech wëll awer dann nach kuerz op déi aner Elementer vum Projet de loi agoen, haaptsächlech op deen, deen d'Indexéierung vun den Dokteschtariffer ugeet, wou, mengen ech, datselwecht gëllt wat een insgesamt zu der Aart a Weis ka soen, wéi de Projet de loi hei huet missten diskutéiert ginn: An enger gewësser Zäitnout, wou eenzel Avisé vun de Chambres professionnelles bei der Diskussioun vun eiseim Projet nach net dobanne waren, ënner anerem dee vun der Chambre de Travail.

Ech stelle fest, dass d'Regierung vun dem Projet de loi iwwert den Ajustement profitéiert huet, fir insgesamt aacht aner Punkte mat anzubauen. Enner anerem, zwee méi fundamental Punkten: dee vun der Indexéierung vun den Dokteschtariffer an dee vu gewëssen Adaptatiounen, déi awer relativ incisiv gewiescht wären, bei der Fleegeversicherung.

Zu der Aart a Weis wëll ech dat heite soen. D'Diskussioun mat den Dokteren, tëschent Regierung an Dokteren, an der Quadripartite an den Dokteren, ass relativ laangwiereg gewiescht, a si ass ugaangen am Zesummenhang mat deene Moossnamen, déi mir 1999 geholl hunn, fir d'Defiziter vun de Krankekeesen auszegläichen, wou d'Regierung gesot hat, dass all d'Partner missten Affen bréngen, fir d'Krankekeesen an den Equilibre ze bréngen.

(Interruption)

Ech wëll net am Detail op déi Diskussiounen agoen. Ech stelle just fest, dass d'Regierung Problemer hat, fir déi dote Positioun bei den Dokteren duerchzesetzen, an dass si zu engem gewëssenen Zäitpunkt bereet war, iwwer e Gesetzesprojet d'Dokteren zu engem Beitrag ze zwingen. Duerno ass et zum Konflikt komm, de Gesetzesprojet ass zréckgezu ginn, d'Dokteren hunn op reell Problemer opmierksam gemaach. D'Regierung huet Verhandlungsbereitschaft gewisen an huet eng Dier opgemaach, déi bis elo net op war, an zwar déi vum Dekonventionement oder Deeldekonventionement.

An ech hunn déi verschidden Debatten, déi mir hei am Parlament haten, nogelies, et war de Gesondheitsminister dee gesot hat, doriwwer kéint een diskutéieren, wéi wäit dass ee géif goen, dat wär eng aner Saach. Mä d'Boite de Pandore war op, an du si während Méint plus au moins hefteg Diskussiounen lass gaangen.

An ech mengen d'Chamber huet virun engem Joer bei engem Débat d'actualité an där dote Diskussioun hir Roll gespillt, wéi se eigentlech bal à l'unanimité déi dote Diskussioun tranchéiert huet, an huet mat eis gesot: Keen Dekonventionement an och keen Deeldekonventionement. An ech ka mech erënneren, eis Fraktioun huet bei där Geleeënheet op der Tribün hei gesot, dass den Dekonventionement oder den Deeldekonventionement déi falsch Änwert op e reelle Problem wär, deen d'Dokteren um Terrain kennen, an dass mir selbstverständlech d'Diskussiounen mat den Doktere géifen ënnerstëtzen, fir déi reell Problemer um Terrain geléist ze kréien.

(Interruption)

Selbstverständlech.

M. Marcel Glesener (CSV).- Här Di Bartolomeo, ech wollt lech froen: Zu welchem Projet schwätze mer? Schwätze mer

elo iwwert den Ajustement oder schwätze mer iwwer aner Projete, aner Saachen, déi mer vum Projet getrennt hunn? Ech hu gemengt, Dir wiert mat eis d'accord gewiescht, fir all déi Froen do vum Ajustement ze trennen an eis nëmmen op den Ajustement ze beschränken. Mä Dir schwätzt näischt méi wéi iwwert den Ajustement. Dir schwätzt elo iwwert déi Saachen, déi net méi am Projet stinn. Ech verstinn dat net.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ma Dir wäert mir dach kee Maulkuerf wëllen undoen, Här Glesener?

M. Marcel Glesener (CSV).- Ma neen, da bleift dach beim Projet, beim Thema!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- An ech weess, dass et lech net arrangéiert wann ech lech soen, dass Dir duerch eng Hannerdier Moossname wollt era bréngen, wou mir ganz gäre bereet sinn, fir offen driwwer ze diskutéieren.

M. Marcel Glesener (CSV).- Mä dat ass jo guer net wouer, dat entsprécht jo net der Wourecht!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- A mir hu ganz laang an der Kommissioun iwwert deen dote Volet diskutéiert. Da wäert et jo wuel erlaabt sinn, hei op der Tribün iwwert deen dote Punkt ze diskutéieren.

M. Marcel Glesener (CSV).- Ma ech hu jo iwwert den Ajustement...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat ëmsou méi, well ech déi dote Opreegung net verstinn, well mir an der Kommissioun - also schwätzen ech erëm eng Kéier ënnert der Kontroll vum President - eng ganz propper Diskussioun gefouert hunn an och...

M. Marcel Glesener (CSV).- Mä Dir maacht et awer hei net.

Une voix.- Den Här Di Bartolomeo soll viru fueren.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här Glesener, ech fannen dass Dir lech an deene leschten zwee Deeg räichlech Méi gitt, fir lech an Ärer Peinlechkeet dauernd ze iwwertreffen.

Une voix.- Ha ha.

M. Marcel Glesener (CSV).- Dat do ass typesch Bartolomeo. Mä domat gitt Dir net méi eescht geholl.

M. le Président.- Wann ech gelift, ech géif lech bieden den Här Mars Di Bartolomeo schwätzen ze loossen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Also, Här Glesener...

M. le Président.- Dir hat Zäit genuch, fir dat ze développéieren, wat Dir wollt soen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här Glesener, wee vun eis zwee am meeschten eescht geholl gëtt, doriwwer loossen ech d'Leit jugéieren, well ech kenne kaum ee Mënsch, dee sech an senger Carrière sou oft op de Kënn gespaut huet, wéi Dir.

M. le Président.- Also wann ech gelift, packt lech!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Selbstverständlech wäert ech mech...

M. Marcel Glesener (CSV).- Dat do ass awer esou peinlech! Sou peinlech!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Selbstverständlech wäert ech mech...

M. Marcel Glesener (CSV).- Dat do hunn ech net néideg. Ech géif lech bieden, Här President, den Här Di Bartolomeo e bëssen ze bremsen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Selbstverständlech wäert ech mech packen, an deem Mooss wou den Här Glesener sech un d'Spillregeln hält, déi hei an der Chamber üblech sinn.

Ech wollt just nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer eng gutt Diskussioun an der Kommissioun zu deem dote Volet haten, an dass mer déi dote Diskussiounen jo net eleng gefouert hunn. D'Regierung huet an dem Mount Juli, no laangen Diskussiounen an der Quadripartite, offensichtlech en Accord mat der AMMD fonnt, fir d'Problemer, déi um Terrain bestinn, ze léisen.

Ech muss allerdéngs soen, dass ech mech gewonnert hunn, dass dee Moossnamepaket relativ spéit op den Dësch vun der Chamber komm ass, an et huet mech nach méi gewonnert, dass eng vun deene Propositionen dann an de Projet Ajustement sollt agebaut ginn. De Minister huet d'Explikatioun dofir ginn an déi liicht och an. Hie war der Meinung dass et net schlecht wär wann een deen dote Volet géif abauen, fir den Drock e bësse gemeeschtert ze kréien a sécher och, fir den Dokteren de gudden Wëllen ze weisen.

Mir sinn allerdéngs der Meinung, dass, bei aller Guttgemengtheit vun där dote Moossnam, de Wee dee falsch war. Wa mer en Accord mat den Doktere fannen, an deen huet e ganze Koup Voleten, deen huet och e ganze Koup Implikatiounen, souwuel op d'Union des Caisses de Maladie wéi gegebenenfalls op de Statsbudget, da solle mer doraus e Gesamtpackage maachen, mir sollen deen an een Text erakleeden, mir sollen en déposéieren a mir sollen e gruppéiert diskutéieren.

Wann d'Fuerderungen an d'Resultat berechtigt sinn, da musse mer och de Courage hunn, och an enger bësse méi ugespaanter wirtschaftlescher Situatioun, fir dee Moossnamepaket hei an der Chamber kënnen ze diskutéieren, well Dir wësst, dass an där Diskussioun, iwwert Dekonventionement an Deeldekonventionement, jiddereen an dëser Chamber bereet war seng Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

An de President weess, dass mir an där éischter Kommissiounssëtzung, wou mir iwwert dëse Projet diskutéiert hunn, vun eis aus drop higewisen hunn, dass eng grouss Gefor wär, dass deen dote Punkt, deen eigentlech friem an dem Projet de loi iwwert den Ajustement war, vum Statsrot géif erausgebaatscht ginn, wann de Statsrot senger Doctrine géif trei bleiwen. Mir haten eis net geiert, an de Conseil d'Etat huet a sengem Avis eng Opposition formelle ugekënnegt gehat, fir de Fall wou mer ënner anerem deen dote Punkt géifen dra loossen.

Ech begrëssen dann och dass d'Regierung, an och d'Majoritéit vun der Kommissioun, zu deene selwechte Konklusiounen komm sinn, wéi an där éischter Sëtzung eng Minoritéit an der Kommissioun, an dass mir eis haut op den Ajustement beschränken. An de Minister huet sech engagéiert, fir dee ganze Moossnamepaket, dee mat der Dokteschvereenegung ausgehandelt ginn ass, an engem Projet de loi op den Dësch ze leeën.

An da wënsche mer eis och, Här Minister, dass mir bei deem Projet och eng Fiche financière dobäi kréien, well déi huet, an dësem Stadium, am Projet de loi gefeelt

gehat, dat heescht mir woussten näischt iwwert den Impakt vun där Moossnam, déi Dir proposéiert hat, a mir woussten och virun allem net wéi d'Laaschteverdeelung wär, ob d'Regierung géif en Deel Responsabilitéit iwwerhuelen oder ob dat zu Laaschte vun der Union des Caisses de Maladie wär, déi hire Budget virun engem Mount verofschit huet, a wou déi heite Moossnam net dra war.

D'Konklusioun also: Mir si frou, dass mer eis am Endeffekt an dësem Projet de loi op den Ajustement begrenzt hunn, dee mer begrëssen an och stëmme wäerten, an dass mer deen zweete Volet vun dësem urspréngleche Gesetz wäerten an anere Projet de loi akleeden. Mir si jiddefalls bereet déi dote Diskussioun ze féieren. Net awer duerch eng Hannerdier, mä oppen, mat de Kaarten um Dësch. Ech menge mir brauchen déi dote Diskussioun net ze fäerten. An ech fäerte ganz, dass duerch déi Aart a Weis déi mir gewielt hunn, d'Diskussiounen net erliichtert gi sinn, mä erëm eng Kéier erschwéiert gi sinn. Dat hunn ech zulescht un de Reaktiounen vun der Dokteschvereenegung gesinn, an et soll een ni eppes verspréche wou ee vun Ufank u weess, dass et schwierig ass, ze halen. Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- An nëmmen iwwert de Projet schwätzen!

M. Alexandre Krieps (DP).- Här Gibéryen, ech hat näischt anescht wëllen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech hat och näischt anescht erswaart.

M. Alexandre Krieps (DP).- Voilà.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Demokratescher Fraktioun wëll ech natierlech hei fir d'éischt onsem Kolleeg, dem Rapporteur Niki Bettendorf fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport merci soen.

Ech hunn natierlech, Här Gibéryen, am Virfeld vun dësem Projet de loi d'Debatten zu dem leschten Ajustement vum Dezember 2000 nogelies. Ech wëll net déi Polemik vun deemools hei méi déif analyséieren. Mir halen natierlech haut fest, dass deemools am Dezember 2000 d'haaptpolitesch Opposition hire preelektorale Versprechen, deem faméisen 10-Punkte-Programm, nogelaf ass. Si hu widerholl, dass d'gewerkschaftlech Plattform vu virum de Wahlen 1999 eng siweprozenteg strukturell Opbesserung gefuerdert hat.

Si hunn deemools dem Statsminister Juncker virgeworf, ronderëm de Rentendësch Verzögerungstaktik ze instauréieren, obschonns hie selwer am Mee 2000 dee Rentendësch proposéiert hat. Glécklecherweis huet onse Sozialminister Carlo Wagner sech duerch dat nostalgesch Geplänkel vun der parlamentarescher Opposition net aus der Rou brénge gelooss an e Gesetzesprojet op de Wee geschéckt, dee mir am Ufank vum Summer hei ugehall hunn. Wat d'Demokratescher Partei esou speziell houfreg mécht ass, dass an där Rentenopbesserung vu virum Summer, souwuel strukturell, wéi selektiv Mesuren dra waren, wou grad deene sozial Schwaache gehollef ginn ass.

Wa mir also deen heiten Ajustement vun 3,5% betruuchten, stelle mir fest, dass de Calcul vun der Héicht vun deem Ajustement enger Rei Critären ënnerläit, dat ass

de Rapport vun der IGSS un d'Regierung. An ech erënneren drun, dass dee leschten Ajustement op den 1. Januar 2001 3,1% war, dass deem Ajustement op den 1. Januar 1999 1,3% war. Wann ech dorobber hiweisen, wëll ech domadder soen, dass d'Héicht vun deem Ajustement haaptsächlech ofhänkt vun der Verdéngschtlag vun den Aktiven. Am Ajustement op den 1. Januar 1999 huet sech natierlech doudsécher d'Lounmoderation vun der Mëtt vun den 90er Jore bei der Ausrechnung bemierkbar gemaach.

Den Här Gibéryen huet allerdengs d'lescht Woch schonn hei den Ajustement vum Joer op den 1. Januar 2005 ausgerechent, well hien huet nämlech d'lescht Woch hei d'Rechnung gemaach, dat misst mindestens 3,2% ginn.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dorueter.

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Dorueter, géif ech soen.

Ech ginn net op déi Polemik an, Här Gibéryen, well den Här Di Bartolomeo huet lech virdrun drun erënnert, dass de Mechanismus vum Ajustement vun 1985 staamt, dat heescht laang ier Är Partei op dem Kiosk vun der Place d'Armes gebuer ginn ass. Mä ech mengen, d'Reserve vun de Pensiounskeessen, dat ass hei scho gesot ginn, sinn dräimol d'Joresausgaben. De Coefficient de charge, dat heescht d'Zuel vun de Pensionéierten op honnert Aktiver, ass erof op 41 gaang, plus au moins. Den Taux de cotisation bleift stabil an d'Assiette de cotisation bleift onverännert. Den Härn Di Bartolomeo a Lux huer Partei muss ech awer aus Eierlechkeet hei gutt halen, dass an de Legislaturen 1984 bis 1994 d'Rente strukturell ëm eppes iwwer 19% an d'Luucht gesat gi sinn. Allerdéngs mat engem Depafonnement vum Plafond cotisable.

■ **Une voix.**- Hutt Dir dat net gutt fonnt?

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Dat ass net ëmmer ganz gutt. Wann Dir uewen ewechhuelt, fir enne bäizesetzen, dat si Mechanismen, déi si relativ ongesond.

(Interruption)

Jo. Am Avis vun der Chambre de Commerce...

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Hutt Dir elo Jo gesot?

(Hilarité)

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Neen, ech ginn net op dat doten an. Dir kennt mech jo.

(Interruption)

Jo, ech mengen dat och, Här Bausch. Dir hutt jo d'lescht Woch Steuerpropositionen hei gemaach, déi ech gäre schréfflech an Ärem Wahlprogramm erëmgesinn.

(Brouhaha général)

Den Avis vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers...

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Mä am Contraire zu lech, hu mir net eng ganz Rei Saachen dra geschriwwen, déi mir duerno net realiséiert hunn.

■ **M. Alexandre Krieps (DP).**- Ech verweisen nach op deem Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, déi an hirem zweeten Alinea zu deem Projet nach vum Régime contributif schreift an dese Projet oflehnt am Hibleck op d'onsécher Finanzéierungslag, mëttel- a laangfristeg, a vun de Pensiounssystemer an Europa.

Dësen Ajustement vun de Pensionen un d'Léin vun den Aktiven

ass a bleift fir d'Demokratesch Fraktioun, niewent der Indexupassung, dat heescht, un d'Liewenskäschten, dat sécherst Mëttel géint d'Altersarmutt, well d'Pensionen haaptsächlech deenen eelere Matbierger zegutt kommen, speziell deenen, déi nëmmen Deelrenten hunn. Dat hei ass en exemplarescht Beispill vun enger leeschtungsbezunnener Solidaritéit vis-à-vis vun enger eelerer Bevölkerungsgrupp. Aus menge positiven Ausféierungene kennt Dir lech schonns virstellen, dass d'Demokratesch Fraktioun, ënnert dem Virsëtz vum Jean-Paul Ripinger, dëser sozial ausgeriichtener Gesetzesvirlag hir Zoustëmmung bréngt. Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Krieps. Den nächsten Orateur ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härn. Här President, ech wëllt och ufänken, andeem ech dem Rapporteur vun deem Projet de loi, dem honorable Kolleeg Niki Bettendorf wëll merci soen. Hien ass scho bal Spezialist elo ginn an de Rapporte vun dese Gesetzesprojeten, déi jo all zwee Joer sech hei widderhuelen. Ee vun deene leschte Projete viru Chréschtdag ass dann all zwee Joer d'Augmentatioun vum Mindestloun, respektiv vun de Renten.

Dese Projet ass e Projet, deem eng normal Prozedur duerchleeft, wou am Fong net vill Diskussiounsstoff dran ass, well mir eis och méi oder weiniger alleguerten eens sinn, fir déi Ajustementer regelméisseg ze maachen. En ass am Fong just am Virfeld e bëssen an d'Diskussioun komm, well en iwwert dat Normalt erausgaangen ass, wat nun emol am Projet vun engem Ajustement dran ass. D'Regierung hat gemengt gutt ze doen, fir nach aner aacht Punkte mat an dat Gesetz hei anzebauen. Et war virun allem d'Opposition, déi direkt an der Kommissioun gesot huet, dass dat e schlechte politesche Stil wier, fir esou e Gesetz ze gebrauchen oder ze méssbrauchen, fir eng Rei vun aner Politike mat anzebannen. Ech brauch net méi op déi eenzel anzegoen. Dat hu meng Virriedner gemaach.

Et ass och, mengen ech, vum Conseil d'Etat du mat Recht drop higewise ginn, dass een dat net soll esou maachen, an et ass eng Opposition formelle zu net allen, mä zu verschiddene Punkten ugekënnegt ginn. Domadder ass dann dunn am Accord mat dem zoustännige Minister an der Kommissioun decidéiert ginn, all déi Punkten, déi net mat dem Ajustement zesummenhängen, aus dem Projet erauszehuelen. Ee Punkt ass sécherlech wichteg, dat ass dee vun der Indexéierung vun den Honorairé vun den Dokter. Ech mengen, de Kolleeg Mars Di Bartolomeo huet virdrun hei gesot, dass d'Chamber am Fong zu engem richtegen Zäitpunkt eng wesentlich Décisioun geholl huet, wéi si praktesch eestëmmeg heibannen tranchéiert huet, fir dass een net sollt vun engem Deel- oder ganzen Dekonventionnement vun den Dokter ausgoen. Dat war e wichtigen Akzent, deem d'Chamber gesat huet, a wat och sécherlech dunn der Regierung et erméiglecht huet, besser kënnen ze verhandelen, well d'Chamber an engem wesentleche Punkt eng Décisioun geholl huet.

Mir hunn och vun eiser Säit gesot, dass mir domadder averstane wieren an och géife wëssen, dass ee misst bei den Dokter, souwuel hir Formation, wéi hir Responsabilitéit berücksichtegen, wann een iwwert d'Honoraren diskutéiert. Et ass e Beruff, wou ee praktesch bis 30 Joer studéiere muss. Dat muss een, mengen ech, herno, plus d'Responsabilitéit, unerkennen. Et ass awer kee

Projet, deem éischters presséiert huet, well zu deem Zäitpunkt, wéi en an d'Gesetz ageschriwwen ginn ass, ass geschwat ginn, dass Mëtt vum Joer déi nächst Indextranche géif erfalen. An der Zwëschenzäit gétt geschwat dovun, dass se Ausganks d'nächst Joer géif erfalen, sou dass am Fong net eng Urgence bestanen huet, fir dat nach an esou e Projet eran ze huelen.

Eppes aneschters, wat ech och net verstanen hu vum Minister, well et ass jo politesch gesinn, géif ech mengen, eng positiv Saach, wann hei eng Indexéierung vun den Honorairé géif festgeschriwwen ginn am Gesetz - ee vu mengen ale Léiermeeschteren huet ëmmer gesot, et soll een ni zwee Fester matenee feieren -, ass, firwat dass d'Regierung dese Projet wollt an en aneren integréieren. Et ass dach sécherlech méi positiv fir e Minister, wann hien esou e Punkt kann an e separate Projet maachen, fir dat no bausen an och vis-à-vis vun deene betraffene Leit kënnen ze verkaafen. Mir op jidde Fall sinn net dergéint, dass d'Honorairé vun den Dokter hei indexéiert ginn, mä...

■ **M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.**- Entschëllegt, Här Gibéryen, dat schwätzt jo fir d'Bescheidenheet vum Minister.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...an där heiter Prozedur, wou mer dat an esou engem Schnellverfahre mat duerchgebaatscht hätten, wier dat sécherlech op d'Käschte vun enger fondéierter Diskussioun iwwert déi ganz Problematik gaangen. Elo, mengen ech, kréie mer dann d'Geleeënheet fir iwwert dat ganz Thema do ze diskutéieren. Esou wäit zu deem wat aus dem Projet erausgehall ginn ass.

Här President, deem Ajustement diskutéiere mer elo haut hei, wéi gesot, opgrond vun enger Prozedur, déi hei, mengen ech, eng Selbstverständlechkeet ginn ass, an zwar dat mer all zwee Joer iwwert d'Inspektioun rechner loosse, wat d'Gehälter an deenen zwee Joer virdrun, an deem Fall am Joer 2000 an 2001, fir eng Evolutioun gemaach hunn. Dat ass an deem Fall 3,5%. Mir wëssen, dass zënter enger Rei vu Joren net nëmme méi d'Gehälter aus dem Privatsecteur geholl ginn, mä datt och am Berechnungsmodus d'Gehälter vun der Fonctioun publique mat berücksichtegt ginn, sou datt am Fong elo d'Gesamtsalarialat aus dem privaten an öffentleche Secteur gekuckt gëtt, wéi do d'Lounentwécklung an deenen zwee Joer war, wat och an der Logik ass, well jo och d'Pensionnairen alleguer, esouwuel déi aus dem private wéi aus dem öffentleche Secteur, kënnen vun deem Ajustement hei profitéieren.

Dir wësst, datt den ADR déi Partei war, déi laang Joren dofir gekämpft huet, datt an der Fonctioun publique de System vun der Péréquatioun ofgeschaaft ginn ass - dat ass dunn och geschitt - an zënterhier ginn d'Pensionnairen aus dem privaten an öffentleche Secteur zum selwechten Zäitpunkt zum selwechte Pourcentage verbessert, wat elo, wéi gesot, vum 1. Januar 2003 un de Fall erëm eng Kéier ass.

Dofir, géif ech soen, hu mer der aus der Fonctioun publique vill kritt. Dat huet eis awer weider net wéi gedoen, well mer einfach der Iwwerzeegung waren, datt et de richtige Wee ass, datt ee Mënsch hei am Land wéi deen anere behandelt gëtt. Haut kann een am Fong soen, datt, wa mer dee System bäibehalen hätte vun der Péréquatioun, da wieren d'Pensionnairen an der Fonctioun publique net esou ugepasst gi wéi se momentan iwwert den Ajustement uge-

passt ginn, well esouguer wa mer déi ablécklech Augmentatioun vun zweemol 1,6% géifen huelen, déi déi Aktiv géife ginn, da géifen dat 3,2% ginn. Hei gëtt et 3,5% duerch dësen Ajustement. Wa mer wëssen, datt hei jo d'Joer vun de Lounaugmentatiounen vun 2000 matberücksichtigt ginn ass, wou d'Augmentatioun net 1,6 war, sou kommen am Fong déi pensionéiert Fonctionnairen duerch den Ajustement besser ewech, quitte datt en zäitverschoben ass ëm ee bis zwee Joer, mä si komme besser am Prinzip ewech, wéi wa mer nach de Péréquatiounssystem géife bäibehalen.

Haut, wann een och e bëssen an d'Gewerkschaftspress vun de Gewerkschaften, vun der Fonctioun publique erakuckt, hunn ech net méi festgestallt, datt een dat contestéiert huet vun deene Gewerkschaften, esouwuel am Eisenbunnerssecteur wéi am direkte Statssecteur, mä et hat een esouguer éischter d'Gefill wéi wa verschidde Gewerkschaften an der Fonctioun publique dat géifen als hiren Erfolleg dohinner stellen, datt d'Pensionnairen och elo an der Fonctioun publique iwwert den Ajustement ugepasst ginn. Mir huelen dat zur Kenntnis, datt eben déi Situatioun sech och do berouegt huet. Mir haten eis och kee Merci erwaart, mä ech mengen et ass awer haut eng Tatsaach, datt dank där Initiativ, déi mir deemools geholl hunn, d'Péréquatioun ofgeschaaft ginn ass an duerch den Ajustement ersat ginn ass, an datt haut d'Pensionnairen an der Fonctioun publique méi erhéicht gi wéi wa mer den Accord salarial applizéiert hätten.

Här President, Dir Dammen an Dir Härn,...

(Interruptions)

Jo, et ass just mat engem Décalage vun engem bis zwee Joer, awer reell gesinn ass an deenen...

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Déi Augmentatioun hätt bedeit, Här Gibéryen, datt bei de Statsbeamten, déi zum Beispill elo déi nächst dräi Joer dräimol 1,6% kréien, do och automatesch d'Pensionären déi matkritt hätten.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ma jo.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ma rechent emol déi lescht fënnef Joer zesummen, wéi vill d'Gehälter am Stat an d'Luucht gaange sinn, da wësst Der...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir schwätze vun zwee Joer.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Wann Der iwwert déi lescht fënnef Joer kuckt, ass et eendäiteg...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Neen, Här Bausch, do leit Der falsch. Dir kennt ëmmer nëmme kucke wat d'Gehälter an deenen zwee Joer an d'Luucht gaange sinn a wat d'Pensionnairen elo an deenen zwee Joer an d'Luucht ginn, da ginn d'Pensionnaire méi an d'Luucht iwwert den Ajustement wéi d'Gehälter an deenen zwee Joer an d'Luucht gaange sinn. Dat ass awer eng Tatsaach. Dir kennt net fënnef Joer huelen, Dir kennt ëmmer nëmme déi zwee Joer huelen.

(Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Härn, ech wollt domadder just soen, datt ëmmer gesot ginn ass, datt, doduerch datt mer de Péréquatiounssystem ofgeschaaft haten an duerch den Ajustement ersat haten, d'Fonctionnaire géifen därmoossen hir Pensionnaire gekierzt kréien, datt dat net de Fall ass, mä datt et doriwwer eraus och eng gerecht Mesure ass, datt ee wéi deen aneren am Land behandelt gëtt.

Här President, et wier och gutt wann eng aner Iddi vum ADR res-

pektéiert gi wier vun dëser Chamber, nämlech wa mer eng Pensiounskeess an der Fonctioun publique agefouert hätten. Dir wësst, wéi mer vun der Péréquatioun vun 3% vun 1993 u bis 1999 op 8% eropgaange sinn, datt mer deemools d'Propos gemaach hunn, datt een hätt sollen dee Supplément vu Cotisationen, amplaz datt deen direkt an de Statsbudget erëm als eng Recette gebucht gi wier, op eng Pensiounskeess fir d'Statsbeamte setzen.

Mir müssen alleguer wëssen, an et ass och haut schonn ugeklungen, datt d'Pensionnaire am Privatsecteur haut, wa mer dëst Joer fäerdeg hunn, wäerten ëm 5,2 Milliarden Euro, also iwwer 200 Milliarden aler Franco Reserven hunn, mä datt mer an der Fonctioun publique keng Reserven hunn, datt déi mussen aus den alljährleche Budgete finanzéiert ginn. Wann et awer an deenen nächste Joren, wat keen hofft, géif Realitéit ginn, datt d'Statsrecetté géife massiv zrëckgoen, dann ass et och sécherlech da vill méi schwéier fir héich Gehälter oder Pensionnairen an der Fonctioun publique mat klengere Recetté beim Stat kënnen ze finanzéieren. Mer wëssen, datt d'CGFP jo och ëmmer eng Rechnung gemaach huet wou se gesot huet, am Fong wier esou ee Pourcentage vun de Steuerrecetté vertrieubar, datt dee géif als Gehälter oder Pensionnairen ausbezahlt ginn. Wa mer also mat de Steuerrecetten eng Kéier géifen zrëckgoen, wär et dann an där Logik, datt een och misst iwwert d'Héicht vun de Pensionnairen oder Gehälter zrëckdenken, wat d'Finanzéierung ubelaangt.

Duerfir hu mer vun Ufank u gesot, datt et och am Intérêt vun der Fonctioun publique gewiescht wier - esou wéi mer et iwwregens bei de Gemengen hunn, well bei de Gemengefonctionnairen hu mer eng Pensiounskeess, déi zwar net elo déi Deckungsrécklagen huet wéi d'Pensiounskeessen am Privatsecteur, mä déi awer eng Deckungsrécklag huet -, wann ee fir d'Statsbeamten eng Pensiounskeess gemaach hätt. Well déi jonk Leit, déi haut an der Fonctioun publique sinn, oder déi Aktiv, déi haut an der Fonctioun publique sinn, déi jo 8% Cotisationen bezuelen, esou wéi se och am Privatsecteur bezuelt ginn, mir kënnen deenen net d'Garantie ginn, datt mer hinne mëttelfristeg kënnen déi Pensionnaire bezuelen, well keng Reserven, keng Fongen do sinn. Dofir kann een haut am Fong soen, datt d'Pensionnaire am Privatsecteur méi garantéiert si wéi d'Pensionnairen an der Fonctioun publique, well eben iwwer Jorzéngten am Privatsecteur Reserven ugeluegt gi sinn.

Här President, ech wëll och duerfir net elo weider nach eng Kéier hei op d'Resultater vum Rentendesch agoen. Se sinn de Moie kuert hei ugeschloe ginn. Ech mengen mir ware frou, datt mer do e wesentleche Schrack gemaach hunn a Richtung Rentegerechtheet, datt mer déi zwee Pensionssystemer ee Schrack méi no unenee bruecht hunn. Mir hunn deemools als ADR eis Fuerderungen, a mir hunn datt am Kader vun de Budgetsdebatten hei nach eng Kéier diskutéiert, ervirgedroen, wat natierlech 15 Milliarde kascht. Ech hunn dat och d'lescht Woch hei gesot, dat ass nun emol eben de Präis vun der Differenz tëschent deenen zwee Regimer. Wa mer gär Rentegerechtheet hei am Land maachen, da muss mer eben an dee saueren Apel bäissen, a wann dat net ze finanzéieren ass, da muss ee sech d'Fro stellen, wéi et da fir deen ee Secteur finanzéierbar ass, a fir deen anere Secteur, dee seng eeg Cotisationen, seng eeg Reserve geschaaft huet, net finanzéierbar ass.

Dat wäert eng Diskussioun an der Zukunft bleiwen - ech wëll se haut hei net verdéiwen - an dat ëmsou

méi, well mer jo awer wëssen, de Kollege Marcel Glesener huet dat de Moie mat Recht hei gesot, datt mer och deen Ajustement hei duerchaus finanziell kënne verkräften opgrond vun deene grouse Reserven, déi do sinn. Och wann et ekonomesch wäert e bësse méi lues hei am Land goen, wäerten d'Reserven nach an deenen nächste Joren trotzdeem weider uklammen, opgrond vun deem grouse Prozentsaz, deen an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen ass vun den Aktiven. Esouguer wann e stagnéieren an esouguer wann e llicht zrëckgoe géif, géif den Iwwerschoss u Plusvaluen, dee mer an de Pensiounskeesen hunn, all Joer nach an enger Rei vu Jore weider an d'Luucht goen. Ob dat iwwer 20, 30, 40 Joer esou ze verrieden ass, Här President, dat weess ech haut hei net ze soen.

Wa mer kucken, wéi séier dass d'Politik ännert, wa mer wëssen, dass am Fréijoer d'Haaptthema war, dass Lëtzebuerg keng 700.000 Awunner dierft kréien, a wa mer wëssen, wéi déi Evolutioun sech bannent e puer Woche gedréint huet, wou et en ekonomeschen Abroch ginn ass, da gesi mer, dass mer am Fréijoer mol net woussten, wou d'Land Ausgangs des Joers géng stoen, esou dass et och wäert schwéier sinn, fir iwwer 40 Joer viraus ze kucken.

Ech sinn awer frou vum engem vun de sozialpolitesche Spriecher, vum Marcel Glesener vun der CSV, hei confirméiert kritt ze hunn, dass d'Rente sécher sinn, dass se finanzierbar sinn, well et héiert een dat jo net ëmmer aus deem Eck do, wann ech nëmmen drun denken, dass vun no dem Rentendéisch un eise Statsminister net midd gëtt, fir ëmmer ërem drop hinzeweisen, dass déi Leeschtungen, déi mer um Rentendéisch duerchgesat hunn, net finanzierbar wäeren. Am Kader vum Budget huet den Här Statsminister esouguer gesot, déi Leit vum Rentendéisch missten hir Fuerderungen an dat, wat se duerchgesat hunn, nach eng kéier iwwerdenken. Et gëtt systematesch versicht eng Angscht ze schüren, fir de Leit am Privatsektor e schlecht Gewëssen ze maachen, wéi wa se déi Renten net zegutt hätten oder wéi wann dat d'Land géif un de Bord vum Ruin oder un de Rand vun senger finanzielle Capacitéit bréngen. Dobai hunn déi Leit iwwer Jorzéngten hir Cotisatioune selwer bezuelt, keen aneren huet hinne se bezuelt. Si hunn hir Reserve selwer ugeluegt a si kréien elo vun hire Cotisatiounen dat als Pensioun, wat se selwer abezuelt hunn. Si brauchen also net dem Här Juncker oder soss engem merci ze soen, mä si hunn dat selwer an hirem Liewe geleescht fir déi Pensioun, déi se kréien.

An den Här Juncker fënnt natierlech dann och an CSV-Kreeser, am Cercle Joseph Bech, ëmmer ërem eng Ennerstëtzung, déi nach méi wäit geet wéi den Här Juncker selwer, déi net nëmmen dem Privatsektor mä och dem öffentleche Sektor en Deel vun senger Pensioun wëllt ewechhuelen a se zrëckféieren op eng Mindestpensioun an der Héicht vum soziale Mindestloun. Dat heescht, vu gëschter u kritt, wann de Cercle Joseph Bech sech duerchsetzt, all Aarbechter, all Privatbeamten, all Bauer, all Geschäftsmann, all Fonctionnaire keng Pensioun méi, déi méi héich ass wéi 55.000 aler Lëtzebuerger Frang. Gott sei Dank huet déi Tendenz an der CSV op déi aner Parteien nach net iwwergegraff. Wéi wäit se an der CSV intern Fouss gefaasst huet, dat mécht eis awer Gedanken,...

(Interruptions)

...well déi Leit, déi dat geschriwwen a gesot hunn, déi setzen nach ëmmer fest op hire Still a maache sech och nach ëmmer breet, sou dass engem do Fuerchtbares bevirstoe kann. Ech

sinn awer iwwerzeegt, dass d'Leit am Land déi Kloersicht behalen, dass se bei den nächste Wahle wëssen, wat fir eng Partei se zumindest net dierfen ënnerstëtzen, wa se och nach gären an Zukunft hir Pensiounen einegermoosse garantéiert behalen.

Här President, dat gesot mengen ech, sollte mer alleguerte frou sinn, dëse Projet stëmmen ze kënnen. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer et ërem eestëmmeg wäerte maachen, och mat der Stëmm vum Här Santer, fir dass d'Pensionnaires aus dem privaten an aus dem öffentleche Sektor zum 1. Januar hir gerecht Upassung vun 3,5% kënne kréien.

M. le Président.- Deen nächste Riedner ass den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, wann ee sech géif drop beschränken a senger Ried, fir nëmmen ze diskutéieren iwwert dat, wat mer hei um Pabeier virun eis leien hunn, da géing et ganz séier goen, da wäre mer séier fäerdeg, well eigentlech steet just den Ajustement vun 3,5% um Ordre du jour. Wann ee mat der Methodologie d'accord ass, wéi deen Ajustement berechent ass, da kënnst ee soen: Mir ginn eisen Accord an da ginn ech mech ërem setzen.

Ech wëll vu virera soen, dass mer den Ajustement wäerte stëmmen, wëll awer profitéieren, fir e puer méi prinzipiell Iwwerleungen ze maachen zu der Rentepolitik insgesamt, well ech mengen, dass den Ajustement vun haut gewëssermoossen déi lescht Etapp duerstellt an de Rentenerhéijungen, déi mer am Joer 2002 virgeholl hunn. Et ass awer esou, och wann de Gros vun de Saachen, déi méi direkt decidéiert gi waren um Rentendéisch, elo realiséiert gi sinn, da bleiwen eng ganz Rei Saachen opstoen, déi net um Rentendéisch diskutéiert a geléist gi sinn, a well se nach net diskutéiert an net geléist gi sinn, heescht dat beileiwen net, dass se manner wichtig wäeren.

Den éischte Punkt op deen ech wëll agoen, dat ass, dass mer nach ëmmer de Problem vun der laangfristeger finanzieller Ofsecherung vun eise Rentensystem hunn. Et ass jo esou, dass mer an deene leschte Méint, well déi laangfristeg finanziell Ofsecherung net garantéiert ass, déi obskursten Theorië presentéiert kritt hunn, virun allem vun enger Partei. Den Här Gibéryen huet et schon ugeschwat. An der CSV si Proposen op den Dësch komm, déi eigentlech näischt aneschtens ware wéi ee brutalen Aschnëtt an eise System vun der sozialer Sécherheet. Dofir si mer och frou driwwer, dass zumindest den aktuelle Premier- a Finanzminister vun der CSV ganz daitlech Wieder geschwat huet, fir zumindest dee Courant a senger Partei zurechtzeweisen an ze soen, dass se op deem do Punkt falsch léigen. Den Här Glesener huet dat haut nach eng kéier widderholl.

Fir eis ass et ganz kloer als Gréng: Mir stinn zum Umlageverfahren. Mir sinn der Meinung, dass nëmmen d'Umlageverfahren als solches dat Eenzezt ass, wat eng sozial Gerechtegkeet am Rentenberäich kann oprechterhalen. Alles aneschtens, zum Beispill wann ee géif iwwergoen zu engem System, deen am Extrem effektiv esou kënnst ausgesinn, wéi den Här Gibéryen et virdu beschriwwen huet, féiert derzou, dass mer eng Desolidariséierung kréien an der Gesellschaft, dass déi sozial Schwaach ënnert d'Rieder gero-den.

Et ass allerdéngs esou, dass eng ganz Rei Saache mer um Rentendéisch um Dësch leien haten aus der Etüd eraus vum BIT, déi net vun der Hand ze weise sinn, a wou mir eigentlech bedauert hunn

an och nach haut bedauern, dass et net méiglech war iwwert de Rentendéisch eraus iwwert déi méi laangfristeg Perspektiven ze diskutéieren.

Dir wësst alleguerten, dass de BIT berechent huet, dass mer, wa mer de System, wéi en haut existéiert, laangfristeg wëlle finanzierbar halen, mer da mussen e Wirtschaftswuesstum hei zu Lëtzebuerg behale vu 4% an der Moyenne iwwert déi nächst 30, 40 Joer. Ech sinn och der Meinung, dass, wat de fundamentale Prinzip ubelaangt, deen do beschriwwen ginn ass, deen eigentlech richtig ass. Et ass leider ni fäerdeg bruecht ginn, fir am Detail driwwer ze diskutéieren, an dofir wëll ech haut e puer Wuert dozou soen, d'autant plus wou ech e Rapport kritt hunn am September vun der IGSS iwwert eise Pensiounsystem, wou eng ganz Rei Objektiv definéiert gi sinn, déi ech interessant fannen a wou ech haut der zwee wëll eraushuelen.

Firwat ass dat wichtig, dass mer dee laangfristegen héije Wuess-tum mussen hunn, wa mer déi héich Qualitéit an eise Leeschtungen wëllen halen? Dat kënnst virun allem dohier, dass mer zu Lëtzebuerg eng exceptionell Situatioun hunn am Rentensystem par rapport zu ville vun eisen Nopeschlänner, déi dora besteet, dass mer een Drëttel vun eise Rentensystem fiscaliséiert hunn. Ech weisen drop hin, dass bei deenen 8%, déi jiddferen hei zu Lëtzebuerg an de Rentensystem cotiséiert, de Stat och 8% drop leet, dat heescht een Drëttel vum Käschtepunkt vun eise Rentensystem. Een Drëttel vun de Recetten, déi mer hu beim Rentensystem, ass vum Stat, vun der Allgemengheet, vun de Steiergelder garantéiert.

Et ass natierlech kloer, wa mer an eng Situatioun längerfristeg kéimen, wéi déi, an där mer elo sinn - dat hu mer jo am Kader vum Budget laang a breet diskutéiert -, da géif et relativ séier enk am ordinäre Budget ginn, dat heescht, da géif et fir de Stat relativ séier enk ginn ze garantéieren, dass en déi 8% weider fir all Eenzelne kann an d'Dëppen erabréngen.

De Budgetsminister huet nach virun zwee Deeg hei gesot, dass de Moment d'Sozialausgabe beim Budget vum Stat 44% ausmaachen. Bei deene Sozialausgaben ass d'Sécurité sociale den absolut déckste Batz an et ass zimlech kloer, dass, wann et laangfristeg zu engem Konjunkturabroch kënnst, wéi mer en de Moment kennen - e muss emol net esou schlëmm bleiwen - mä wa mer net déi 4% erreechen, da geet et ganz séier an d'Richtung, dass de Stat Problemer kritt fir deen Undeel, deen en haut an d'Pensiounen erafléisse léisst u Cotisatiounen, nach kënnen ze garantéieren, an dann ass et och kloer, dass déi Reserven, déi mer hu bei de Pensiounskeesen, ganz séier opgefriess sinn a mer ganz séier wäerten e Finanzéierungsproblem kréien.

Et ass och esou, dass eigentlech fir meng Begrëffer an deem Objektiv 7 vun dem Rapport vun der IGSS dat relativ gutt beschriwwen gëtt. Do gëtt nach eng kéier erkläert, wéi de System fonctionnéiert an et gëtt drop higewisen, dass et muss fäerdeg bruecht ginn, och à la longue, en équitabelt Verhältnis ze kréien tëschent der Population active an de Pensionéierten, wat de Finanzement ubelaangt vum Generatiounensystem, well soss d'Solidaritéit net méi spillt.

Wat ass d'Konsequenz, wann de Stat eng kéier géif decidéieren, aus deene Grënn, déi ech gesot hunn, net méi esou een héijen Undeel an d'Pensiounskeesen ze be-

zuelen? D'Konsequenz dovunner wär, dass dann natierlech d'Assurée selwer misste méi een héije Bäitrag bezuelen, dat heescht d'Cotisatioune géife massiv eropgoen,

Dat géif bedeuten, dass mer da ganz séier an d'Situatioune géife kommen, wéi mer se an den Nopeschlänner hunn, zum Beispill an Däitschland, wou jo ee Wahnsinnsproblem de Moment besteet fir d'Pensiounen ze finanzéieren, wou mer e komplett Mës-verhältnis kréien tëschent deenen Aktiven an deene Pensionéierten, wou deenen Aktiven en immens héijen Undeel vun hirem Loun ewech geholl gëtt fir d'Pensioun vum de Retraitéen am Moment ze bezuelen, ouni awer emol eng Garantie ze hunn, datt déijéineg, déi dann dee Moment ganz héich Cotisatioune bezuelen, en héijen Deel vun hirem aktuelle Loun mussen ofginn, selwer eng Garantie hunn, datt se déi nämlech Pensioun awer herno kréien.

Dat heescht, mir riskéieren deem-entspreechend laangfristeg eng Desolidariséierung ze kréien an der Gesellschaft, wou déi Jonk sech iergendwann eng kéier soen: Mir maachen dat do net méi mat, mir hunn dees genuch, well dat ass ee Spill wou mir eigentlech d'Verléierer derbäi sinn a wou et dann duerch déi Desolidariséierung ganz séier derzou kënnst kommen, datt de System als solches a Fro gestallt gëtt.

Dofir, wa mer haut iwwert den Ajustement decidéieren, gëtt och ganz gutt drop higewisen eigentlech an deem Rapport vun der IGSS am Schluss, an ech zitieren dat: „Mais ce n'est qu'à condition que les ressources du régime des pensions le permettent que les pensions sont adaptées toutes les deux années par une loi spéciale à l'évolution réelle des salaires.“

Dofir, wann den Här Gibéryen hei virdu gesot huet: „Et ass scho bal eng Selbstverständlechkeet ginn, datt mer all zwee Joer hei ajustéieren“, da wëllt ech drop hiweisen, datt déi Selbstverständlechkeet séier kann en Enn fannen, wa mer an déi Situatioun komme wéi ech virdu gesot hunn. Ech sinn och dofir der Meinung, datt, wa mer iwwer laangfristeg Finanzéierung schwätzen a virun allem iwwert déi Solidaritéit do schwätzen, déi ech virdu beschriwwen hunn, da komme mer och net derlaanscht fir eng kéier iwwert eng Reform vun eise Ajustementssystem no-zedenken.

Ech sinn der Meinung a meng Fraktioun ass der Meinung, datt ee sécherlech net den Ajustement soll ofschafen, loin de là. Deen ass e gutt Instrument. Och d'Methodologie, wéi mer zur Berechnung komme vun deem Prozentsaz, ass richtig. Mä ech mengen awer, datt ee muss eng kéier diskutéieren, zumools mer jo och elo wëssen, datt den Ajustement jiddferen hei zu Lëtzebuerg betrëfft, ob en aus deem engen oder anere Régime kënnst, iwwert de Plafonnement beim Ajustement.

Fir eis als Gréng ass et op alle Fall kloer: De legale System kann net dofir do si fir d'Pensiounen an egal wat fir enger Héicht weiderhin op déi do Aart a Weis an Zukunft ze ajustéieren. Mir sinn der Meinung, datt dat net tragbar ass, d'autant plus wou mer och nach am leschte Joer bei der Steierreform nei generéis Instrumenter geschafen hunn, wou déi Leit, déi ganz héich Gehälter hunn, och nach iwwert de Steiersystem elo sech kënnen zousazverséchere goen an donc sech op hir héich Pensioun, déi se haut schon hunn, déi mer duerch de legale System garantéieren, och nach kënnen eppes drop leeën iwwert d'Steierabattamente vun deene se kënne profitéiere fir Zousazpensiounen opzebauen.

Ech menge mir fueren do entre-tremps zwee- wann net dräispu-

reg an deem do Beräich. Dofir sinn ech der Meinung, vu datt mer déi Instrumenter do geschafen hunn, datt dat Matière à discuter ass, an datt bei deene Leit wou mer dee Revenu usetzen, dat sécherlech net ganz ënne soll ugesat ginn; et soll sécherlech en uerdentleche Revenu sinn an der Retraite, deen de legale System garantéiert. Mä ech mengen et muss een iergendwou eng kéier ee Plafong setzen an da muss een driwwer diskutéiere kënnen, ob et doriwwer eraus dann net einfach normal ass, datt déi Leit, déi an hirer aktiver Carrière e ganz héicht Gehalt hunn, en plus wou se nach vun deenen Abattamente steierlech kënne profitéieren, wa se da wëllen och nach méi eng héich Pensioun herno hunn, selwer dofir surge sollen, datt se dat, wat se iwwert dee legale System eraus versprach kréien, och nach an Zukunft dann an hirer Pensioun kënne kréien, andeem se sech selwer verséchere.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir hunn e Plafond cotisable am Privatsektor.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Gibéryen, och de Plafond cotisable...

M. Gast Gibéryen (ADR).- Wann d'Leit cotiséiere bis op deen Niveau, da mussen och hir Revenuen...

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Gibéryen, dat ass richtig vun dem Plafond cotisable am Privatsektor, mä esouguer deen ass am Verhältnis héich ugesat. Ech sinn net der Meinung, datt ee muss, wann een ajustéiert, ëmmer och bis op de Plafond cotisable ajustéieren. Ech fannen, datt et duerchweegs misst méiglech sinn ze diskutéieren, ob ee seet: Déi 3,5%, mir ajustéieren déi bis op ee gewëssent Gehalt. Dat heescht, datt am Fong ab engem gewëssene Gehalt fir déi Leit just ee Sockelbetrag spillt, an datt vun do un hiert Gehalt net méi ajustéiert gëtt. Dat heescht, et soll jiddferen eppes kréien, dat ass kloer, egal wéi héich seng Pensioun oder säi Gehalt ass herno, mä et soll ee plafonnéieren. Ech mengen, datt dat eng Mesure ass, déi sécherlech am Intérêt ass, virun allem vun deene klenge Pensiounen, wa mer wëlle laangfristeg de System esou an där Qualitéit assuréieren, wéi mer dat haut maachen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Bausch, mir sinn eis jo eens, doriwwer kann een diskutéieren, mä mer sinn eis jo awer eens, datt dat da fir sämtlech Pensionnaires ass.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Selbstverständlech, dat muss fir sämtlech Pensionnaire gëllen, egal ob se aus dem öffentlechen oder dem private Sektor kommen.

Ech kommen dann, Här President, zu engem anere Punkt, dee menger Meinung no och ganz wichtig ass am Zusammenhang mat éischstens der Gerechtegkeet am System. Dat heescht, et gëtt menger Meinung no nach ëmmer ee grouse Schwaachpunkt generell an eise Rentensystem. Et ass e Fait, datt mer, wat Männer a Fraen ubelaangt an eise System, nach ëmmer ee Problem hunn, datt et einfach haaptsächlech Frae sinn, déi duerch spezifesch Liewens-situatiounen herno, nämlech du-erch de Fait, datt se kenger aktiver Beschäftigung noginn, a Situatioune kënne gero-den, datt se herno ofrutschen an d'Aarmutt, et kann ee bal soen op ee soziale Minimum, well mer nun eemol eng Situatioun hunn déi opbaut op den Droits dérivés, wéi mer se haut kennen.

Et ass nun eemol esou, wann eng Fra mat 40 Joer gescheet gëtt an da mat 42 oder 43 Joer ërem

ufänt eng aktiv Beschäftegung unzuhuelen an da cotiséiert, dann ass et zimlech kloer, vu datt se näischt vun hirem Partner zegutt huet, mat deem se während esou vill Joer zesumme gelieft huet, datt se herno an hire Rent, déi se sech dann opbaut, net vill kann erauskréien. An dann ass et natierlech evident, jee nodeem wéi spéit se an déi do Situatioun kënnt, kënnt se jee nodeem natierlech nach schlechter ewech, a mir sinn nach ëmmer prinzipiell der Meinung, datt een deem do Problem nëmmen an de Grëff kritt, andeem een an eng Richtung getet vun der Individualiséierung vun de Rechter.

Mä ech sinn awer och der Meinung, datt, esouguer wat de finanzielle Volet ubelaangt, d'Individualiséierung vun de Rechter ee wichtige Thema ass. Et ass och esou, datt am Objektiv 10 vum Rapport vun der IGSS, deem elo den 30. September 2002 erauskomm ass, dee ganze Beräich beschriwwen gëtt an drop verwise gëtt, datt dat och um europäeschen Niveau, also datt heescht am Kader vun der Europäescher Unioun, e grousst Besuerghes ass, datt also e groussen Drock entsteet fir an déi do Richtung eppes ze maachen. Och d'Kommissioun gëtt eng ganz Rei Rekommandatiounen fir do ze handeln.

Mir wëssen, datt um Rentendesch op Drock hin - virun allem geif ech esouguer soe vun deene Grängen - an der Schlussdeklaratioun eppes festgehalen ginn ass, nämlech fir een Aarbechtsgrupp anzusetzen fir an déi do Richtung eppes ze analyséieren an ze kucken wéi dat machbar ass, wéi een och eng Transitioun kritt, laangfristeg gesinn, zu esou engem System. Et ass zimlech kloer: Ännerungen am Rentesystem, déi kann een net bannent enger Generatioun maachen, déi kann een nëmme laangfristeg umsetzen. Déi mussen iwwert eng Generatioun erausgoen duerch eben d'Komplexitéit vum System, mat deem mer hei ze dinn hunn. Dat war nach ëmmer eis Iwwerzeugung. Esou ass et natierlech och hei sécherlech de Fall, datt een net ka bannent enger Generatioun brutal Ännerungen maachen, mä et muss een dat iwwer laangfristeg Zilsetzungen ueilen.

Deen Aarbechtsgrupp do soll an déi do Richtung schaffen. Bis elo weess ech allerdéngs net esou richteg, wat an deem Aarbechtsgrupp erauskomm ass oder wat do gemaach ginn ass. Ech hunn esou e bëssen de bësse Verdacht, datt nach net ganz vill do geschitt ass. Ech wär fro wann de Minister vun der Sécurité sociale haut géing profitéieren vun där Gelegenheit, fir eis dann emol ze soe wou den Aarbechtsgrupp drun ass a wéini e gedenkt, datt éischt Zwëscherresultater erauskommen.

Ech wëll awer och nach op een aneren Aspekt hiweisen, deem an deem dote Kader wichteg ass. Dat ass dee vun der Fraebeschäftigungsquot, deem och an deem Objektiv 10 hei gutt, menger Meinung no, beschriwwen gëtt a wou och eng Rei vu Rekommandatiounen gemaach ginn. Et ass esou, wa mer wëllen den héijen Niveau halen an eise Rentesystem, hunn ech virdru gesot, da muss mer héich Croissancen hunn. Mir müssen awer op där anerer Säit en héijen Emploi hunn. Mir müssen den Niveau vun deene Cotisatiounen mindestens op deem Niveau halen, wann net esouguer nach dauernd steigere.

Et ass esou, datt mer jo och zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren dat fäerdeg bruecht hunn. Esouguer am Moment wou mer an enger Phas si wou d'Konjunktur méi lues geet, stelle mer fest, datt den Emploi trotzdeem ënnert dem Stréch nach lichter an d'Luucht getet. Mä de Problem dee sech eng Käier fir eis stellt, an dat gesi mer jo haut schon, ass, datt mer ëm-

mer méi Schwierigkeete kréie fir den Emploi ze besetzen, datt mer ëmmer méi wäit mussen siche goe fir nach Leit ze fannen, déi zu Lëtzebuerg den Emploi besetzen, mat allen negativen Konsequenzen déi dat huet am Beräich Landesplanung, mat allen negativen Konsequenzen déi dat huet wat nei Infrastrukturkäschten ubelaangt fir déi Leit, déi mer dann op Lëtzebuerg unzéien.

Et gëtt awer nun eemol een Deel vun eiser Populatioun, wou mer ganz genau wëssen dass mer nach eng grouss Reserv hunn, fir kënne den Emploi ze besetzen, an dat sinn d'Fraen. Mir sinn zu Lëtzebuerg nach ëmmer zimlech um Wupp vun der Europäescher Unioun wat d'Fraebeschäftigungsquot ubelaangt. Mir sinn esouguer, wann ech eis vergläiche mat deene méi nordesche Länner - haaptsächlech d'skandinavesch Länner -, extrem wäit hannen. Do si bei Wäitem méi grouss Effort gemaach ginn a mir mussen kucken, och am Kontext an am Intérêt vun der laangfristeger Ofsécherung - wéi gesot - vun eise Rentesystem, deem doten Aspekt méi detailléiert ze diskutéieren a méi Effort ze maache fir do e Schratt weider ze kommen. Ech hoffen, datt den Här Minister eis herno vläicht do kann e puer éischt konkret Indicationen ginn, wéi wäit datt en do ass.

En drëtten Punkt deem ech nach wollt uschwätzen, deem eigentlech och op de Rentendesch verlagert ginn ass a wou just gesot ginn ass, datt en Aarbechtsgrupp géing agesat ginn, ass dee fir ze kucken, nei Finanzierungsquellen ze erschleissen, fir déi laangfristeg finanziell Ofsécherung vun eise System ze garantéieren.

Mir wëssen alleguerten datt déi Lounbezunnenheet vun de Recetten, déi mer haut hunn, sécherlech Virdeeler huet well se mol éischters erlaabt e klaren Iwwerbléck ze behalen, wie wat beim Finanzement vun der sozialer Sécherheet bäidréit. Mer wëssen awer entre-temps och, datt et eng ganz Rei Betriber oder ekonomesch Secteure gëtt, déi eigentlech näischt méi an d'sozial Sécherheet bezuelen, well mer déi Lounbezunnenheet do hunn. Well et ass nun emol esou, datt ee Betriber, dee wéineg, fir net ze soe bal keng Leit méi beschäftigt, dee bezilt och ganz wéineg, fir net ze soe bal näischt méi, an d'sozial Sécherheet.

De Solidarmodell, op dee mer hei zu Lëtzebuerg, an iwwerhaapt nach an den europäesche Länner, eis Pensiounssystemer opgebaut hunn, deem hat awer am Ursprung eben och déi Iddi, datt d'Betriber hire Beitrag sollen dozou bäidroen, fir dese Solidarmodell ze finanzéieren. An ech mengen, datt een dofir muss eng eschthafte Diskussioun féieren, fir en neie System vu Cotisatiounen fir déi Betriber anzeféieren, déi net esou aarbechtsintensiv sinn, an dat aus zwee Grënn:

Éischters ass et esou, datt et oft déi Betriber oder déi Secteure sinn, déi bei Wäitem méi Benefisier maachen, wéi déi, déi lounintensiv sinn. An zweetens ass et jo och esou datt, souguer am Intérêt vun de Betriber, et laangfristeg esou muss sinn, datt mer och do tëschent de Betriber eng besser Solidariséierung kréien, datt mer net dauernd déi penaliséieren, déi nach Leit beschäftigen, déi also nach mënschlech Aarbechtskraaft an hire Betriber beschäftigen, an déi belounen, déi eigentlech am meeschten dofir suergen, datt keng mënschlech Aarbechtskraaft méi an hirem Betriber schafft.

An och dat, fir iwwert déi nei Finanzierungsquellen ze diskutéieren, hate mir als Grëng, als mëttelbis laangfristeg Optioun, um Rentendesch erabruucht.

Et gëtt entre-temps eng Rei Pisten, wat ee sech do alles kënnt virstellen, déi och am Ausland du-

erch Etüden opgewise ginn. Et war natierlech kloer, datt een an där kuerzer Zäit um Rentendesch déi do Problemer net kënnt léisen, an dofir ass an der Schlussdeklaratioun decidéiert ginn, datt och do en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff soll ginn, dee sech mat deem Volet soll beschäftigen.

Och do weess ech emol net esou richteg, ob et entre-temps am Ministère iwwerhaapt en Aarbechtsgrupp gëtt. Beim éischten Punkt, hunn ech gesot, do weess ech datt et ee gëtt; bei deem hei weess ech iwwerhaapt net ob et ee gëtt an ech wär fro wann den Här Minister mer herno kënnt soen ob hien den Aarbechtsgrupp agesat huet, a wa jo, wien do dra setzt respektiv wéi wäit datt d'Aarbechte vun deem Grupp sinn.

An da wëll ech zum Schluss nach just zwee Sätz zu deem Aspekt, deem den Här Gibéryen virdrun hei ugeschwat huet, soen. Dat éischt wat ech him wëll soen, datt ass datt ech net mat him averstane sinn, datt d'Statsbeamten duerch den Ajustement an der Moyenne besser ewech kéime wéi duerch d'Péréquatioun. Ech ginn him zwar Recht, am Sënn vun enger globaler Gerechtegkeet, datt dat, wat mer haut hunn, méi richteg ass. Do ginn ech him 100%eg Recht. Hei gëtt elo ee behandelt wéi den aneren, d'Pensiounen gi gläichméisseg ajustéiert, egal a wat fir engem System dass een ass; also do sinn ech 100%eg mat him d'accord.

Mä wann een zum Beispill op déi lescht fënnf Joer kuckt - an et deet mer Leed, Här Gibéryen, ech wëll lech drop hiweisen, déi meescht Accords salariaux an der Vergaangenheet si meeschtens op zwee Joer an net op dräi Joer ofgeschloss ginn -, wann ech des Legislaturperiod huelen, déi mer elo d'nächst Joer ofschleissen, da kann een duerchweegs gesinn, datt d'Statsbeamte bei der Péréquatioun besser ewech komm wäeren.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech mengen, Dir kënnt ëmmer nëmmen zwee Joer kucken.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Neen, Här Gibéryen, Dir kënnt et dréie wéi Dir wëllt. Ech wëll lech just soen, datt wann ech weess, datt am öffentleche Secteur iwwer fënnf Joer - ech weess et elo net méi genau, well ech de Prozentsaz vun deenen éischten zwee Joer net méi genau weess -, d'Gehälter ëm ronn 10% an d'Luucht gaange sinn, da wäeren d'Rente bei der Péréquatioun a fënnf Joer ëm 10% an d'Luucht gaangen, beim Ajustement awer nëmme maximal tëscht 6 a 7%. Et ass also ganz kloer, dass duerch d'Ofschafte vun der Péréquatioun d'Statsbeamten do verluer hunn.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Neen, neen.

Une voix. - Här Bausch, Dir hutt Recht.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dat kann een och iwwert déi lescht Joren novollzéien.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dat ass net richteg.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Ech wëll awer elo net weider mat lech doriwwer streiden; ech ginn lech Recht, datt et fir d'Gerechtegkeet besser ass, esou wéi et haut ass.

Da wëll ech lech awer soen, dass ech 100%eg mat lech d'accord sinn iwwert dee Mëssstand, datt am öffentleche Secteur keng Pensiounskeess geschafte ginn ass, a virun allem fir den neie Regime dee mer agefouert hunn.

Wéi mer d'Péréquatioun ofgeschafft hunn, ass jo gläichzäiteg och eng gläichwäerteg Cotisatioun fir d'Statsbeamten agefouert ginn, wéi se am Privatsacteur bestee. Am Contraire zum Privatsacteur ass et de Moment esou, datt déi 8%, déi d'Leit cotiséieren, net an eng Keess fléissen, mä einfach an de Statsbudget. An da kënnt jo nach dobäi - dat muss ee wëssen, datt de Stat jo do och nach eng Contrepartie vun 8% muss liwweren, sou wéi hien et am Privatsacteur mécht.

M. Gast Gibéryen (ADR). - A beim Stat.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Dat heescht op all Gehalt vun all Statsbeamten oder öffentlechem Beamten hei am Land, kommen um Enn vum Mount 16% Cotisatioun an de Statsbudget. Bon, dat ass zwar a sech do "dominant dominant", mä et wier sécherlech am Intérêt vun de Statsbeamte gewiescht, fir datt se géife wësse wou se dru sinn, datt genau definéiert wär, wou déi Sue sinn a wat mat deene Sue geschitt.

De Moment kann de Stat locker vum Hocker higoen an egal wat domadder finanzéieren. Hie ka mat deene Sue Stroosse bauen, hie ka mat deene Sue maache wat hie wëllt, et ass am Budget net sichtbar, wou déi Reserven, déi Suen, déi do iwwer Joren opgebaut gi sinn, sinn.

An ech si sécher datt dat irgendwann eng Käier an deenen nächste Joren, a virun allem beim neie Regime, zu heftege Konflikter wäert féieren, sécherlech net an deenen nächste Joren, mä an 10, 15 oder 20 Joer, dat weess een ni, an datt eng Käier eng Generatioun vu Statsbeamten oder öffentleche Beamten domm drucke wäert, wa se mierken, datt si eigentlech keng Reserven hunn, well effektiv déi Gelder einfach an de Budget gefloss sinn an et guer net kloer ass wéivill iwwert déi Joren do zesumme komm ass. An da wäert de Sträitpunkt lassgoen an dat wäert da vill Freed ginn, wann dann iwwer 20 Joer nogerechent gëtt, wéivill dat da soll sinn.

Ech ginn also dem Här Gibéryen total Recht, an ech sinn och der Meinung, datt et do verpasst ginn ass, fir esou eng Pensiounskeess anzeféieren.

Dat gesot, Här President, wëll ech awer nach eng Käier betounen, datt déi méi prinzipiell Bemierkunge wierklech extrem wichteg sinn, datt mer déi escht huelen an drun eruginn, an net elo mengen de Problem vun de Renten, haaptsächlech dee vun der finanzieller Ofsécherung, wär geléist, an e wëll den Accord vun eiser Fraktioun bréngen, fir den Ajustement vun deem Joer ze stëmmen.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déli Lénk). - Här President, Dir Damen an Dir Hären, et gëtt an der Sozialgeschicht vun eise Land keng aner Institutioun, déi esou nohalte op de Liewensniveau an op d'Liewensgefill vun de Leit agewierkt hätt, wéi déi vun der Sécurité sociale. Si huet eis vergiesse geden, wat et heescht krank ze sinn a sech net fleegen ze kënnen, well keng Suen do sinn. Si huet domat och eng prodigiéis Entwécklung vun enger demokratescher Medizin garantéiert, wou sech am Verhältnis Dokter-Patient keng béidsäiteg Suergen ëm d'Geld ageschlaach huet, wéi dat an anere liberale Beruffer de Fall ass. D'Entwécklung vun der Medizin huet zu enger Verlängerung vum Liewen ënner bessere Bedingungen bäigedroen.

An dann eist Pensiounswiesen. Wat fir eng revolutionär Errungenschaft, wann een d'Situatioun mat där am 19. Jorhonnert vergläicht, wou d'Gesondheet während engem 16-Stonnen-Dag an de Fabrick verschlass ginn ass an dann op den Trottoir gehäit ginn ass wann d'Aarbechtskraaft ausgenutzt war. An dann am beschte Fall konnt op d'Famill, op d'Assistance publique oder op e puer Erspuernesser fir d'Liewensenn zréckgegraff ginn.

Den Ekonomist Bernard Friot huet dee radikalen erneierende Charakter vum Pensiounswiesen an der Revue française des Affaires sociales N°3 vum Joer 2000 folgendermoosse plastesch beschriwwen: „Le fondement du bonheur des retraités“ - huet hie geschriwwen - „c'est qu'ils vivent la nouveauté inouïe d'être payés pour être libres. Ils sont payés, ils ne touchent pas une allocation publique au titre de la solidarité nationale envers les personnes âgées, mais du salaire au titre d'un contrat entre employeur et salarié. Comme les salaires directs, les pensions sont financées par des cotisations versées par les employeurs à l'occasion des emplois. Proportionnelles à ces salaires directs, les cotisations sont immédiatement dépensées et non pas accumulées dans des fonds d'épargne. Elles ouvrent droit à des pensions proportionnelles aux salaires directs et référées comme eux à la qualification. Et ils sont payés pour utiliser librement leur temps. Ils ne doivent rien à quelque employeur que ce soit, et tous ceux qui sont en bonne santé, disent leur bonheur de pouvoir travailler (parfois comme ils ne l'ont jamais fait avec une telle intensité) librement.“

D'Sécurité sociale, mengt och deeslewechte Bernard Friot, dat ass am Fong geholl d'Unerkennung vun der Situatioun ausserhalb vun der Aarbecht vun deene Leit déi schaffen, duerch en indirekte Loun, dee se während hirem Aarbecht a Form vu Sozialbeitrag bezuelt kréien.

D'Leit sinn duerch déi Situatioun net nëmme méi eng Force de travail, si hunn net nëmme méi eng Valeur marchande, mä si hunn an der Gesellschaft e Statut, deem iwwert déi reng Valeur marchande vun hirem Aarbechtskraaft am Betriber eraus geet, grad esou wéi och e Kollektivvertrag oder d'Aarbechtsgesetz de Leit esou e Statut séchert.

A mer sinn hei am Fong geholl och e bësse bei där Notioun - elo geet den Här Glesener eraus -, déi mer geschter diskutéiert hunn, vun der Valeur fondamentale du travail. An ech fannen op déi Notioun misste mer an Zukunft nach zréckkommen, sou wéi op d'Fro vum Wäert vun der Aarbecht, an och op d'Fro: Wie schafft iwwerhaapt d'Wäerter vun der Aarbecht an eiser Gesellschaft, an dat besonnesch well jo zënter méi wéi zéng Joer versicht gëtt, d'Fundamenter vun der Sécurité sociale, vun eise Krankekeesen- a Pensiounswiesen, a Fro ze stellen.

Et ass virdrun hei den Numm vum Cercle Joseph Bech gefall, mä dat geet jo wäit iwwer esou kleng marginal Zierkelen eraus, marginal an der Quantitéit, wëll ech soen.

(Brouhaha général)

Mä si drécke jo awer eppes aus, wat vill méi déif ass a vill méi verwuerzelt ass an der Gesellschaft, a wat jo versicht ginn ass schon zënter zéng Joer op d'mannst an eiser Gesellschaft déif ze verwuerzelen.

Mam Argument gëtt operéiert, eis Sécurité sociale wier net méi ze finanzéieren. Dat also, wat d'Leit virun allem ugesinn als eng kolossal Verbesserung vun hirem Liewen - „le bonheur“, seet de Bernard Friot, deem ech virdrun zitéiert hunn, d'Gléck, dat ass dat, wat d'Sécurité sociale fir d'Leit

ass, dat ass dat, wat natierlech eng anstänneg Rent fir d'Leit duerstellt - dat gëtt am politeschen Discours ëmgewandelt an e Problem: d'Rentemauer.

Dat ass am Fong geholl dat, wat mir elo zënter zéng Joer an där Diskussioun do erliewen. A wa mir gewësse Reklammefilmercher kucke vu Liewensversécherungen, da gi Kanner gewisen, déi sech un de Kapp weise mam Fanger, wa si op d'Fro mussen äntwerten, ob si wëlle fir d'Pensioun vun hiren Elteren opkommen. Dat heescht mat der Urangschd vun de Leit, am Alter eleng gelooss ze ginn, gëtt op eng ganz tiefenpsychologesch Manéier versicht, Reklamm ze maache fir eng privat Versécherung.

Et ass ee vun deene gréisste Mythen, menger Meinung no, vun der leschter Zäit, an eng vun deene gréissten intellektuellen Onéierlechkeeten dernieft, fir d'Leit gleewen ze dinn, Privatpensiounsfonge wiere méi à même dem Finanzéierungsproblem bäizekommen, wéi eng öffentlech sozial Versécherung nom Émlageverfahren.

Wouranner besteet de Finanzéierungsproblem? Ma natierlech doranner, dass duerch déi eegen Dynamik vun der Sécurité sociale, vun där ech virdu geschwat hunn, d'Leit méi al ginn. Et kann een et och positiv ausdrécken a soen, d'Leit bleiwe méi laang jonk. Dat ass och eng Aart a Weis, fir deeselwechte Problem auszedrécken. Si mussen also och méi laang medezinesch betreit ginn a si musse méi laang eng Rent kréien. Dat ass jo den eigentleche Finanzéierungsproblem.

Elo muss een awer soen: Och e Pensionsfong finanzéiert seng Renten a fofzeg Joer aus deeneselwechte Quelle wéi e Versécherungswiesen nom Émlageverfahren. Well fir déi Suen ze hunn, fir da seng Renten ze finanzéieren, muss hien a fofzeg Joer seng Aktie verkafen. Et gëtt souguer behaupt, dass déi amerikanesch Pensionsfongen, déi jo schonn zënter Jorzéngte bestlinn, géife grad zu dësem Zäitpunkt an Europa kommen, well si à maturité komm wieren. Dat heescht, dass den Taux de charges tëschent Aktiven a Pensionnairet sech esou verschlechtert huet, dass si elo mussen no frëschem Geld sichen, fir hir Renten ze bezuelen. Wann een eng Aktie iergendwou huet, da sinn dat jo keng Suen! Dat si Besëttschäiner, déi hirem Besëtzer d'Recht ginn en Deel vun de Suen opzehiewen, déi an der realer Wirtschaft vun den Aarbechter a vun de Beamten all Dag erschafft ginn.

Deen eigentlechen Ënnerscheed tëschent der Sécurité sociale an de private Pensionsfonge läit also och net onbedéngt doran, dass déi eng op der Bourse spekuléieren an déi aner net. Mir hu gesinn, dass och dem öffentleche Pensionsfong, der grousser Reserv vun der Sécurité sociale, ugerode ginn ass op der Bourse ze spekuléieren. Do kann also net déi eigentlech Differenz leien, mä déi eigentlech Differenz läit an der Kontroll an am Besëtz vun deem Ganzen.

Éischstens: D'Assurés vun der Sécurité sociale kënnen d'Sécurité sociale selwer verwalten, ënnert der demokratescher Kontroll vun der Öffentlechkeet, vum Stat an och vum Parlament. Zweetens funktionéieren déi Keesen nom solidarresche Prinzip. Dat heescht d'Recht op Prestatiounen huet een, wann een och am Besoin ass a wann een d'Konditiounen erfëllt, fir se ze kréien. Sief et, dass ee krank oder schwanger ass, oder dass ee seng Pensioun beansprucht. Dat ass evidenterweis bei private Fongen net onbedéngt de Fall.

Drëttens ënnerscheeden se sech och nach duerch de Finanzéierungsmodus, well deen den direk-

ten Zesummenhang mat der Aarbecht a mam Salaire hiestellt, d'Cotisatioun ass proportional zum Salaire. En Drëttel ass zwar fiskaliséiert, an do gëtt iwwert d'Solidarité nationale dann och en Deel bezuelt. Selbstverständlech muss een och iwwert deen Deel diskutéieren. Mä ech mengen, wichteg ass et, dass den Haaptdeel ganz kloer aus der Aarbecht kënnt.

Also an Zukunft muss ouni Zweifel ëmmer méi e groussen Deel vum erschaafte Räichtum fir d'sozial Sécherheet geholl ginn. Dat werft eng Rei vu Verdeelungsfroen op. Dat ass déi ganz Fro vun der Finanzéierung, wéi se hei och ugeschnidde ginn ass. Wann d'Cotisatiounen an d'Luucht ginn, schmälert dat de Profit vun deene Leit, déi d'Betriben besëtzen, well et ass jo kloer, d'Patrone bezuelen esouwuel d'Part patronale, wéi och d'Part salariale, als Unerkennung fir déi Aarbecht, déi se kréien. Et kann awer och esou sinn, wann am Betrib e schlecht Kräfteverhältnis ass - an duerfir ass et och wichteg, dass d'Gewerkschaften do sinn, fir am Betrib fir e richtigte Kräfteverhältnis ze suergen - da kéint et natierlech och sinn, dass den Nettoloun geschmälert gëtt, amplaz de Profit an de Betriben. Duerfir hänken all déi Froe ganz enk mateneen zesummen.

Eng weider Fro vun der Ëmverdeelung ass déi: Sollen d'Leit dann elo méi laang schaffe goen, wéi dat heiansdo verlaangt gëtt, an domat hirer Gesondheet schueden, jee nodeem, wou se méi laang schaffe goe sollen? Ech schwätzen elo net vun der allgemenger Fro vun der Aktivitéit am Alter, mä vun der ordonnéierter Aktivitéit eleng nëmme mat deem Zil, wéi et jo och den europäesche Virgaben entsprécht, fir d'Rentesystemer ze finanzéieren.

Am Mëttelpunkt vun der Renten-debatt stinn also zentral Verdeelungsfroen. Och zum Beispill Verdeelungsfroen zwëschent dem Verhältnis vun den direkte Léin an enger Gesellschaft an den indirekte Léin, wéi d'Sécurité sociale et duerstellt. Et geet och ëm d'Fro vun der Solidaritéit zwëschent deenen, déi besser verdéngen, an deenen, déi manner gutt verdéngen. Den Här Bausch huet virdu virgeschloen, wann ech hie richtig verstane hunn, de Cotisationsplafong an der Sécurité sociale erofzesetzen. Ech sinn éischter der Meinung, de Cotisationsplafong soll an d'Luucht gesat ginn oder souguer ganz ofgeschafft ginn, fir och déi Solidaritéit zwëschent deenen, déi eng besser Pai hunn, an deenen, déi keng esou eng gutt Pai hunn, ze garantéieren.

Dat si Froen, déi muss een allegueren eng kéier ganz seriö diskutéieren. Dat sinn zentral Verdeelungsfroen. Sécher ass op jidde Fall, an dat hunn déi lescht zéng bis 20 Joer gewisen, dass d'Verhältnis sech zwëschent de Revenuë vum Kapital an de Revenuë vun der Aarbecht global verschlechtert huet au détriment vun deene vun der Aarbecht. Et muss alles gemaach ginn, fir dat Verhältnis ze redresséieren. All Moosnam, déi dozou féiert, fir dat Verhältnis ze redresséieren ass prinzipiell eng positiv Moosnam, esou also och dësen Ajustement, deem ech heimat wëll meng Zoustëmmung ginn.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech hei d'Wuert ergäifen, esou ass et, fir drop hinzeweisen, dass trotz aller Euphorie, déi bei dësem Gesetzesprojekt virläit, awer eng Rei Leit vergiess gi sinn, nämlech déi, déi weder duerch dësen Ajustement nach

duerch d'Opbesserunge vun de Léin a Gehälter an de Betriben eppes bäikréien, an dat sinn déi Leit, déi an der Préretraite sinn. Dat heescht déi Leit, déi an der Préretraite sinn, kréie bis bal véier Joer, wou se kënnen an der Préretraite sinn, während deene véier Joer vu kenger Säit eppes bäi. Ech emfannen dat awer als Ongerechtheet an ech hunn et och schonn e puermol hei ugeschnidden. Si kréien awer, fir richtig ze bleiwen, fiktiv déi 8%, déi mir elo dëst Joer gestëmmt hu bei de Renten, op deem Montant bäi, dee se an der Préretraite zegutt hätten.

Et ass awer esou, dass mir säit 1993 e Gesetz hunn, wat seet, dass dee Montant, deen d'Leit als Préretraite zegutt hätten, vun de Pensiounskeesen op de Fonds pour l'emploi iwwerwise gëtt, fir en Deel vun der Préretraite ze bezuelen. Elo kann et awer esou sinn, dass déi Leit, déi an der Préretraite sinn, an - ech ginn elo e Beispill - 80.000 Frang Préretraite hunn, an awer zum Beispill 90.000 Frang Préretraite zegutt hätten, mä déi awer net gewiesselt hunn an och vläicht net wëssen, dass se wiesele kënnen, dass dann dës Augmentatioun, déi mir elo hei stëmme bei de Pensiounen, an d'Statskeess geet. Dat ass deen ee Fall.

Deen zweete Fall ass, dass ech net kann domat d'accord sinn, dass aus de Pensiounsfonge Suen erausgehol ginn, fir de Fonds pour l'emploi ze speisen, well de Fonds pour l'emploi ass eng Beschäftigungsmesure an d'Rente sollen an de Renteekeese bleiwen, zumools, wou mir jo elo hei schonn an der Diskussioun sinn, dass mir de Leit e schlecht Gewëssen arieden, well mir d'Rente geschwënn net méi kéinte bezuelen. Da musse mir och dofir suergen, dass déi Suen, déi an de Renteekeese sinn a vum Privatsecur erschafft gi sinn, och do dra bleiwen an net eriwuerdriert ginn an de Statsbudget, deen op eemol elo net méi opgeet. Vun 1993 u sinn dat bal zéng Milliarden.

Dat heescht 10 Milliarden aler Frang, déi am Rentefong, deen elo 200 Milliarden ass, feelen. Et wär also sënnvoll...

(Interruption)

Wat gelift? Déi kommen an de Fonds pour l'emploi an domadder gëtt d'Préretraite bezuelt.

Et ass ee Gesetz vun 1993 wat hei gestëmmt ginn ass. Et ass net richtig, dass de Stat déi Augmentatiounen, déi elo hei gestëmmt ginn, an d'Statskeess gëtt, well de Fonds pour l'emploi bezilt nëmme den Montant vun der Préretraite un de Préretraitebezieer, an dat wat e vun de Pensione weider iwwerwise kritt geet an d'Statskeess. Dat bleift am Fonds pour l'emploi an dat ass net richtig. Zumools wou jo och schonn all Rentner säi Beitrag fir de Fonds pour l'emploi iwwert d'Solidaritéitsteier leescht.

Ech hat hei eng Proposition de loi deponéiert fir dat erëm riicht ze bëien, dass sollen déi Suen am Rentefong bleiwen. Ech weess net ob déi Proposition de loi jeemools eng kéier hei zur Diskussioun kënnt oder ob se schonn am ronnen Dossier verschwonne ass? Op jidde Fall wär et awer elo sënnvoll, zumools an dëser Situatioun, wou mer jo vu Fonge schwätzen, dass mer do géife suergen, dass iwwerall déi Fongen do bleiwe wou se higeheieren an dass net Fonge vun de Pensiounskeesen zweckentfremt gi fir Beschäftigungsmesuren ze bezuelen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Minister vun der Sécurité sociale Carlo Wagner.

■ **M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt selbstverständlich mech och fir d'éischt mol uschléissen un d'Félicitatiounen un de Rapporteur, deen effektiv een excellente schréfflechen a mëndleche Rapport gemaach huet.

Et ass haut hei vu praktesch sämtliche Riedner ugeschwat ginn, dass mer initialement e Gesetz ënnerbreet haten, wou néng Punkten drop stoungen, wat allgemeng kritiséiert ginn ass. Ech muss soen, meng eenzeg Suerg war, ech hat vläicht ze vill Ardeur fir munch Punkten, déi awer wichteg waren, esou schnell wéi méiglech durchzekeréien.

Ech muss awer soen, Här Asselborn, dass ech och mat där heiter Solutioun ka liewen. Ech hu mech jo och spontan dozou bereet erkläert an ech hunn och gesot, dass et mech net géif stéiere wa mer géife beispillsweis déi Mesuren, déi jo géifen d'Prestatiounen vun der Assurance dépendance am spezielle Gesetz, wat elo virum Summer wäert kommen, traitéieren, an dass mer dat, wat d'Indexation automatique vun den Tariffer ubelaangt, och géifen an ee Gesetz faasse mat sämtliche Mesuren.

Ech muss soen, ech si selbstverständlich - kënnt Der lech virstellen - net begeeschtert, dass mer haut nëmme iwwert den Ajustement vun de Pensiounen diskutéieren. Ech kann awer ganz gutt domadder liewen. Wat déi siwe Punkten, déi Rescht bleiwen, ubelaangt, sinn ech souguer bereet, wann dat gewënscht ass, fir si wien eenzel Projets de loi draus ze maachen, well mir hate jo, en fait, néng Punkten an deem Projet stoen an déi néng Punkte waren alles Verännerunge vum CAS. Déi siwe Punkten déi iwwreg bleiwen, do ass och net all kéier e Rapport zwëschent deene verschiddenen, sou dass et vläicht, wa mir wëllen eis méi Aarbecht maachen, ubruecht wär, fir eis dann ze beschäftege mat siwen eenzelne Projeten.

Ech muss soen, wat d'Indexation automatique ubelaangt, dass ech dat och gesot hunn an der Kommissioun, dass et a mengen Aen ze interpretéiere wär als ee Signal un de Corps médical, un d'AMMD, dass mer effectivement gewëllt wären, sou wéi et hei an der Chamber gesot ginn ass, sou wéi et och vun de Partenaires sociaux gesot ginn ass, fir den Dokteren ze hëllefen an där Situatioun wou se de Moment dra sinn. A wann ech bei der Indexation automatique sinn, déi wäert mat engem klengen Décalage vun e puer Méint kommen. Et ass net tragisch, et ass virdu scho gesot ginn, vu dass déi nächst Indexupassung net ze erwaarden ass virum nächste Summer.

Ech muss allerdéngs soen, wou ech e bësse gestaunt hunn an de Conseil d'Etat net ka ganz novollzéien, dat ass a senger Argumentatioun wou e seet: «Le Conseil d'Etat estime opportun de permettre une consultation aussi large que sereine des partenaires concernés par ce changement important.», also Partenaires sociaux.

Ech weess net, de Statsrot ass vläicht net am Bild doriwwer, mä déi Diskussiounen mat de Partenaires sociaux, déi daueren elo schonn zënter gutt zwee Joer. Ufanks dës Joers ass souguer eng Commission spéciale agefouert ginn, déi justement iwwert déi dote Punkten diskutéiert huet. Et ass e Rapport final un d'Partenaires sociaux gaangen am Juli. Sou, dass ech mam beschte Wëllen net gesi wéi een d'Concertation élargie kéint maachen. Mä vläicht kann ech doriwwer opgekläert ginn.

Ech wëll och trotzdeem drun erënnern, dass, wat dat éierewäert

Haus hei ubelaangt, mer hei och, ech mengen den Här Di Bartolomeo hat et schonn ugeschwat, virun ongeféier engem Joer eng Aktualitéitsdebatt iwwert deen dote Sujet haten, an dass och an der éischter Sëtzung vun der Kommissioun iwwert deen heite Projet de loi en fait déi Indexation automatique net am Fong, mä éischter an der Form - dat heescht, dass et am Kader vun dësem Gesetz géif traitéiert ginn - kritiséiert ginn ass.

Den Här Glesener huet et virun ugeschwat, fir de Processus ze accélérieren. Ech gleewen, dass den Här Aarbechtsminister deem direkt bäigestëmmt huet. Et ass jo esou dass en d'Chiffere vum IGSS kritt. Wa musse Chifferen hei am Land doriwwer erausgi ginn, an och an aneren Domainen, dann ass all kéier den IGSS ugeschwat. Selbstverständlich si mir och beschte Wëllens déi dote Procédure esou schnell wéi méiglech zu Enn ze kréien. Ech kann lech awer soen, dass mat deem Material, mat deem mer schaffen, den IGSS ganz oft iwwerfuert ass, aarbechtmäisseg gesinn. Wéi gesot, mir wäerten awer do eist Beschta maachen.

D'Ofsécherung à long terme vun eise Renten ass och hei ugeschwat ginn, am Kader vun der Hausse vun deem Ajustement vun 3,5%. Ech mengen et sinn Diskussiounen, déi mer zënter annerhallwem Joer hei féieren. Just nach eng kéier pour rappel: Ech mengen, et war den Här Bausch, deen dat ugeschwat huet vun der Croissance économique an esou virun, dass ee misst ganz gutt oppassen. Allegueren déi, déi do-bausse kritiséieren an elo soen: «Ah, gesitt Der, elo si mer schonn an där Situatioun wou mer keng 4% méi hunn.», ech mengen, Här Bausch, Dir sidd mat mir averstannen, dass allegueren déi Leit en fait Onrecht hunn. Well wa mer d'Etud vum BIT kucken, déi Etud baséiert op Chiffere vun 1999. A wa mer d'Joergäng 1999, 2000, 2001, 2002 huelen, dann hu mer trotz zwee schlechte Joren déi 16%, déi mer brauchen, praktesch erreecht. Vu mengem Standpunkt aus, an och als Ekonomist, muss ech soen: Wann een also den Objektiv erreecht wou 50% schlecht Joren dra sinn, da mengen ech soll ee virsichteg bleiwen, mä net ze vill dobaussen alarméieren, esou wéi verschidde Leit dat maachen.

Ech wëll trotzdeem och nach eng kéier rappeléieren - an dat gëtt jo och ëmmer nees dobaussen ignoréiert -, dass all siwe Joer, dat heescht déi nächste kéier am Joer 2006, d'Situation financière vun de Rente souwisou iwwerkuckt gëtt. Mir hunn also automatesch Signaler dran.

Et ass ugeschwat ginn iwwer verschidde Groupe-de-travaillen, z. B. deen iwwert d'Individualisation. Dat waart och Dir, Här Bausch. Dee Groupe de travail, deen huet seng Aarbechten, mengen ech, säit engem Joer ongeféier opgeholl. Déi lescht Sëtzung, wann ech gutt renseignéiert sinn, war net méi spët wéi dës Woch. Et ass e ganze Katalog vu Problematiken opgestallt gi wou wäert och activement dru geschafft ginn. Ech hoffen, dass ee kann e Rapport Enn nächstem Joer virleëen.

Dir wësst, dass déi Problematik net einfach ze léisen ass an dass se besonnesch komplex ass. Dass beispillsweis och bei de Frauen d'Intéréten net justement d'selwecht sinn, suivant ob d'Dammen doheim sinn, dat heescht Femme au ménage sinn, oder ob se effektiv schaffe ginn? Mir mussen also kucken an deene Saachen och Rapprochementer ze kréien.

Wat een anere Groupe de travail ubelaangt, an dat geet och an de Kader era vun der laangjäreger Ofsécherung vun eise Renten, dat ass dee vun der Gestion de patrimoine, dee mer och um Renten-dësch zrëckgehalen haten. Dee

Groupe de travail huet excellent Aarbecht gemaach. Do sinn déi éischt Konklusiounen gezunn. D'Preparatiounen sinn amgaang fir e Projet de loi ze maachen a mir wäerten dee Projet de loi op alle Fall nach virum Summer déposéieren, sou dass mir kéinte mat enger méi moderner a mat enger méi effikasser Gestion de patrimoine fir den 1. Januar 2004 ufänken.

Dir Dammen an Dir Hären, wann dobaussen ëmmer nees Angscht gemaach gëtt, wéi laang eise Rentensystem nach hält, solle mir dat beileiwen net dramatiséieren. Ech ka mech erënnere, dass den Här Juncker hei gesot huet viru kuerzer Zäit, dass effektiv de Lëtzebuurger d'Tendenz hätt, fir ze vill déi däitsch Senderen ze lauschteren. D'Situatioun vun eise Rente solle mer net ënnerschätzen, mä d'Situatioun, wat d'Renten ubelaangt, ass bei Wäitem net ze vergläiche mat deem däitsche System, wou se nëmmen nach Reserven hu vun ongeféier engem Mount. Ech géif soen, do ass d'Situatioun ganz dramatesch. Hei zu Lëtzebuerg, sou wéi mir et gesinn hu bei der BIT-Etüd, wäert et op alle Fall fir déi nächst 15, 20 Joer kee Problem sinn, wat awer net wëllt soen, dass mir d'Situatioun net sollen de près suivéieren a scho Redressementer eventuell virhuelen dee Moment, wou éischt Unzeeche kommen, dass d'Situatioun géif e bësse biergof goen.

(Interruptions)

Wësst Dir, ech si bis elo a mengem Liewen nach ni un enger Mauer hänke bliwwen. Ech hunn nach ëmmer versicht, fir driwwer ze klammen.

(Hilarité)

Dat gesot, mengen ech, brauchen déi Pensionéiert op alle Fall weinst deem Ajustement kee schlecht Gewëssen ze hunn.

Et ass virdu gesot ginn, dass am Artikel 225, Alinéa 4 vum CAS steet, dass deen Ajustement en fait net automatesch ass, mä dass d'Regierung all zwee Joer géif exa-minéieren, ob et ubruecht wär, fir een Ajustement ze maachen oder net. Op alle Fall kënnen mer hei rouege Gewëssens soen, dass deen Ajustement honnertprozenteg ze verrieden ass, an allegueren déi pensionéiert Leit kee Cadeau kréien, mä déi Augmentatioun vum 1. Januar 2003 u méi wéi verdéngt hunn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Articlele vum Projet de loi 5052 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 5052.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Nico Loes);

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bet-

tel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Mars Di Bartolomeo), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4897 iwwert de Personal-kader vun der Sécurité sociale. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Schroell, Gibéryen a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alexandre Krieps.

4. 4897 - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale

2° le code des assurances sociales

3° la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Alexandre Krieps (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi 4897 gesäit vir, fir a véier Verwaltung vum der Sozialer Sécherheet d'Personal opzestocken, wann den Aarbechtsvolumen dat erfuerdert. Déi véier Verwaltung sinnen d'Inspection générale vun der Sécurité sociale, de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, de Service national d'action sociale, de Conseil arbitral an de Conseil supérieur vun den Assurances sociales. Subsidiäresch befaasst dese Projet sech och nach mat zwou Ofännerunge vun Articlele vum Code des Assurances sociales a mat zwou spezifische Personalfroen.

An der Kommissioun ass de Rapport zu deemem Projet eestëmmeg ugeholl ginn, no grëndlecher Analys vum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires, Avis, dee positiv war, an och no grëndlecher Analys vum Avis vum Statsrot, deen zwou pertinent Remarque gemaach huet, déi mir an der Kommissioun iwwerholl hunn. Ech verweisen op de schréffleche Rapport an deemem Zesummenhang, dee vum Secrétaire général adjoint Martin Bisenius a senge Leit verfaasst ginn ass, an dee wéi ëmmer excellent ass.

Mir hunn an der zoustänneger Kommissioun gefrot, fir an engem Joer gewuer ze ginn, wéivill Leit dann op dat heite Gesetz hin agestallt wäerte ginn? Duerch dest Gesetz gëtt den Numerus

clausus beim Stat net ëmgaangen, gi jo déi ze schafend Posten iwwert d'Loi budgétaire geregelt. Als Rapporteur vun deemem Gesetz ass mir leider nëmmen nodréiglech agefall, dass dat heite Gesetz, wat sech mat Carrière-aspekter beim Stat ofgëtt, am Fong hätt misse systematesch mat der Commission vun der Fonction publique ënnersicht ginn. Bekannt ass, dass déi betreffend Verwaltung vum der sozialer Sécherheet ëmmer méi Aarbecht hunn an dass dest Gesetz hinnen et erlabe wäert, am Intérêt vum Sozialversécherte méi performant ze schaffen. Ech bieden em Är Zoustëmmung. Merci villmoos.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet Wuert.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Här Krieps merci fir deen excellente schréfflechen a mëndleche Rapport a bréngen d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här Mars Di Bartolomeo d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, ech hunn ëmmer Angscht, dass mäi Mikro net geet.

M. le Président.- Dir stitt léiwer op enger Bühn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haaptzilsetzung vum Projet ass excellent vum Rapporteur, dem Här Alexandre Krieps, definéiert ginn. Hien huet drop higewisen, dass d'Haaptzil vum Projet ass, d'Limitatioun vun der Zuel vun de Mataarbechter an deene verschiddene Carrièren an de Servicer a Juridiktione vun der Sécurité sociale opzehiewen, esou wéi se nach an enger Rei vu méi eelere Gesetzzer besteet a wéi se bei méi rezente Gesetzzer schonn net méi besteet.

D'Zilsetzung vun deemem Projet ass, fir méi Flexibilitéit bei der Astellung vu Personal an deene betreffenen Institutiounen, déi d'IGSS, de Contrôle médical, de SNAS, de Conseil arbitral an de Conseil supérieur sinn, ze suergen. Wéi richtig ënnerstrach ginn ass, heescht dat net, dass mir elo ganz fräi kënnen astellen an deenen doten Institutiounen, mä an Zukunft géllt net méi déi duebel Limite vum Gesetz a vum Numerus clausus, mä nëmmen nach déi vum Numerus clausus, wou, wuel verstanen, de Cadre fermé jährllech duerch ee Règlement grand-ducal festgehale gëtt.

Ech wëll just drop hiweisen, dass dat d'Haaptelement ass. Donieft ass eng Rei vu méi klengere Modifikatiounen virgesinn, wou de Statsrot zumindest Schwieregkeeten hat, fir d'Konstruktioun ze verstoen, virun allem beim Artikel 1.5. Ech muss agestoen, dass och no den Explikatiounen, déi mir vun den zoustännegen Instanze kritt hunn, mir nach ëmmer net ganz kloer ass, firwat dass déi Operatioun op deem dote Wee gemaach ginn ass.

Selbstverständlech bréngt eis Fraktioun den Accord zu deemem Projet. Ech hätt mir allerdings kënnen virstellen, dass mir am Virfeld, net eréischt an engem Joer, gesot kritt hätten, wou dann am Moment dee gréissten Drock an deenen eenzelne Verwaltungen ass, wat d'Haaptmotivatioun ass, fir dass mir op deen dote Wee ginn, wou mir mat deem akuteste Personal-mangel konfrontéiert sinn, wéi d'Regierung et gesäit, fir an deenen nächste Budgetsprojeten

deenen do Problemer Rechnung ze droen. Dat gesot, bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun a soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet Wuert.

M. Marco Schroell (DP).- Här President, ech géif och gären dem Här Alexandre Krieps félicitéiere fir säi kuerzen a prägnante Rapport. Et geet jo em d'Verbesserung vun der Effikas-sitéit a vun der Qualitéit vun de Prestatiounen vun der Sécurité sociale an dofir ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu deemem Projet de loi.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Och vun eiser Säit ee Merci un de Rapporteur.

Ech mengen als Deputéierte gi mer alleguer, ouni Ausnahm heibannen, regelméisseg ugeschwat vu Leit, déi mat der Sécurité sociale ze dinne hunn, dass dat hei oder dat do net séier genuch geet. Ech menge mir waren eis alleguer bewosst, dass do eng Rei vun Administratiounen net genuch Personal hunn an och iwwert de Wee vun där normaler Prozedur net séier genuch konnte méi Leit rekrutéieren. Dat heite Gesetz soll deem ophëllefen, eis Méiglechkeete gi fir eben iwwert déi Prozedure vum Budget an iwwer Reglementer kënnen d'Zuel vun de Leit esou anzesetzen, wéi se effektiv gebraucht ginn. Dat ass eng positiv Evolutioun a se féint och dofir eis Zoustëmmung.

M. le Président.- Deen nächsten ass den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir bréngen den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister Carlo Wagner.

Une voix.- Mol eng Zoustëmmung vun der Regierung!

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, ech wëll all deenen, déi elo intervenéiert sinn, merci soen. Et ass effektiv esou, dass d'Simplificatioun vun där heite Prozedur och wäert ee positiven Impakt op d'Effikasitéit hunn. Ech wëll also all deenen, déi dat Gesetz hei stëmme wäerten, merci soen.

M. le Président.- Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Articlele vum Projet de loi 4897 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dee virleien-de Gesetzesprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Nee oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber);

Mme Simone Beissel, MM. Jean-not Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira et Jean Huss (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4768, 4794 an 4903 iwwert den Artikel K.3 vum europäeschen Traité. Déi dräi Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen: den Här Fayot, d'Madame Beissel, den Här Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen dräi Projeten, den honorabelen Här Patrick Santer.

5. 4768 - Projet de loi portant approbation du Protocole, établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, concernant l'interprétation, à titre préjudiciel, par la Cour de Justice des Communautés européennes de la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 29 novembre 1996

4794 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signée à Bruxelles, le 26 juillet 1995;

- de l'Accord relatif à l'application provisoire entre certains Etats membres de l'Union européenne de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 26 juillet 1995

4903 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relatif au champ d'application du